



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 25.03.2022



DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	4
1. CORRESPONDANCE	6
2. CIRCULATION	6
2.1. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion de travaux de terrassement dans la rue René Hartmann	
2.2. Modification à apporter au règlement général de la circulation – Cédez le passage dans la rue de la Libération sur le carrefour rue de la Libération – rue du Commerce (CR184)	
2.3. Modification à apporter au règlement général de la circulation – Stationnement pour voitures électriques aux parkings des CFL	
3. FINANCES COMMUNALES	9
3.1. Approbation des modifications à apporter au chapitre X – Eau – du règlement-taxes général	
3.2. Approbation des modifications à apporter au chapitre XI – Eaux usées et assainissement – du règlement-taxes général	
3.3. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de réaménagement et de renouvellement des divers réseaux dans la route de Boudersberg, dans la rue Mont St. Jean ainsi qu'au lieu-dit « Am Weierchen » (présentation et explications : B.E.S.T. Ingénieurs-Conseils S.à r.l.)	
3.4. Approbation des relevés et rôles supplémentaires de la taxe sur les chiens de l'exercice 2021	
3.5. Approbation des relevés et rôles de la taxe sur les chiens de l'exercice 2022	
3.6. Approbation d'un contrat de fermage conclu avec Monsieur Francisco Rodrigues Da Silva et son épouse Madame Soledade Maria Pacheco Martins	
3.7. Approbation d'un acte de cession gratuite avec Madame Emilie Camilla Theves	
3.8. Approbation d'un acte de vente avec les époux Alberto Manuel Da Costa Pires et Milena Goncalves Simoes Pires	
3.9. Approbation d'un acte de vente avec la société « IBEX PROMOTION s.à r.l. »	
3.10. Approbation de sept actes de vente avec la société « WP Promotions s.à r.l. »	
3.11. Approbation du contrat de prêt à usage ou commodat avec le Fonds du Logement pour la mise à disposition de terrains pour l'aménagement d'une chambre de comptage pour la sécurisation de l'alimentation en eau potable de la commune limitrophe de Volmerange-les-Mines	
3.12. Résiliation d'un contrat de bail commercial concernant la location d'une partie du local commercial, sis 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte	
3.13. Approbation du contrat de bail commercial avec la société « Cattitude s.à r.l. » au sujet de la location et de l'exploitation d'un restaurant/brasserie et de l'installation et de l'exploitation d'une micro-brasserie dans le Hall Ateliers Locomotives sur l'ancien site industriel NeiSchmelz	
3.14. Aménagement d'un mobilier spécifique pour la salle de motricité au complexe scolaire Lenkeschléi	
3.14.1. Approbation du devis estimatif	
3.14.2. Approbation d'un crédit spécial	
3.15. Approbation du devis estimatif relatif au réaménagement du parking au stade Meyer	
3.16. Approbation du devis estimatif relatif au réaménagement de la zone 30 dans la rue du Parc	
3.17. Approbation du devis remanié pour le remplacement des aérothermes et du collecteur chauffage dans le bâtiment G (garage) des ateliers communaux	
3.18. Approbation de décomptes	
4. COMMISSIONS CONSULTATIVES	30
Modification de la composition de différentes commissions consultatives	
5. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	31

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol (à l'exception des points numéros 3.4 et 3.5 de l'ordre du jour), échevins. Mesdames Semiray Ahmedova (à l'exception des points numéros 3.16 et 3.16 de l'ordre du jour), Sylvie Andrich-Duval ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding (à l'exception des points numéros 3.7 et 3.9 de l'ordre du jour) ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen (à l'exception du point numéro 3.7 de l'ordre du jour), Michèle Kayser-Wengler ; Messieurs Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance publique à 8.00 heures.

1 – CORRESPONDANCE

Il n'y a pas de correspondance à destination du conseil communal.

2 - CIRCULATION

Les décisions suivantes en relation avec la réglementation de la circulation sur les voies publiques sont approuvées à l'unanimité :

1. un règlement temporaire de la circulation à l'occasion des travaux de terrassement dans la rue René Hartmann ;

2. la modification du règlement général de la circulation pour l'introduction d'un signal « Cédez le passage » sur la rue de la Libération sur le carrefour rue de la Libération – rue du Commerce (CR184) ;

3. la modification du règlement général de la circulation pour l'introduction d'emplacement de stationnement pour voitures électriques aux parkings des CFL.

3 – FINANCES COMMUNALES

A l'exception des points numéros 3.1 et 3.2, toutes les décisions ci-après sub point numéro 3 sont avalisées unanimement par le conseil communal :

1. avec 18 voix et une abstention, sont approuvées les modifications au chapitre X – Eau – du règlement-taxes général ;

2. également avec 18 voix et une abstention, sont approuvées les modifications au chapitre XI – Eaux usées et assainissement – du règlement-taxes général ; (Il a été nécessaire de confirmer les deux décisions ci-avant, déjà prises à en date du 10 décembre 2021, en raison d'un refus d'approbation de la Ministre de l'Intérieur pour des raisons tendant à la forme des décisions.)

3. le devis du 7 mars 2022, établi par le service travaux publics du service gestion et maintien du patrimoine communal, pour un montant de 7'100'000,- € pour la partie travaux, ainsi que 400'000,- € pour la partie études, relatif aux travaux de réaménagement et de renouvellement des divers réseaux dans la route de Boudersberg et la rue Mont St Jean ainsi qu'au lieu-dit « Am Weierchen » ;

4. les relevé et rôle supplémentaires de la taxe sur les chiens pour l'exercice 2021 s'élevant au montant de 4'515,- €, équivalent à 129 chiens ;

5. les relevé et rôle de la taxe sur les chiens pour l'exercice 2022 s'élevant au montant de 46'305,- €, équivalent à 1'325 chiens ;

6. le contrat de fermage, aux termes duquel Monsieur Francisco Rodrigues da Silva et son épouse Madame Soledade Maria Pacheco Martins de Dudelange louent de la Ville de Dudelange une parcelle de pré d'une superficie de 64 ares 85 centiares, inscrite au cadastre de la Ville de Dudelange, section B de Burange, sous le numéro 1076/3812 ;

7. l'acte de cession, aux termes duquel Madame Emilie Camilla Theves cède gratuitement à la Ville de Dudelange deux places, sises à L-3412 Dudelange, 77, rue Grand-Duc Adolphe, inscrites au cadastre de la commune de Dudelange, section C de Dudelange, numéro cadastral 3191/10509 et 3191/10511, lieu-dit « rue de l'Hôpital », places d'une contenance de 5 respectivement 18 centiares ;

8. le point numéro 8 a été enlevé de l'ordre du jour et sera traité au courant d'une prochaine séance ;

9. l'acte de vente aux termes duquel la société « IBEX PROMOTION S.à r.l. » de Dudelange vend à la Ville de Dudelange un terrain, inscrit au cadastre de la commune de Dudelange, section A de Budersberg, numéro cadastral 2692/lot 1 (inscrit sous le numéro 2692/9922), lieu-dit « rue Ste Barbe », place voirie, faisant 36 centiares ;

10. sept actes de vente aux termes desquels la Ville de Dudelange acquiert de la s. à r.l. WP Promotions de Bridel, des propriétés immobilières au lieu-dit « rue Nic Bodry » en vue de la création de logements sociaux locatifs et d'une aire de jeux naturelle ;

11. le contrat de prêt à usage ou commodat avec le Fonds du Logement, concernant la concession à titre de prêt à usage d'une surface d'environ 48 m² faisant partie d'un terrain sis route de Volmerange, en vue d'y réaliser l'installation d'une chambre de comptage dans le cadre du projet de sécurisation en eau potable de la commune de Volmerange les Mines ;

12. la résiliation du contrat de bail commercial de sous-location avec la société Musek Box s.à r.l.-S de Schiffflange pour la location d'une partie du local commercial sis à Dudelange, 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte, avec effet au 1er avril 2022 ;

13. le point numéro 13 a été enlevé de l'ordre du jour et sera traité au courant d'une prochaine séance ;

14. le devis estimatif et le crédit extraordinaire spécial d'un montant de 45'000,- € relatifs à l'aménagement d'un mobilier spécifique pour la salle de motricité au complexe scolaire Lenkeschléi ;

15. le devis estimatif, établi par le service travaux publics du service gestion et maintien du patrimoine communal, pour un montant de 150'000,- € toutes taxes comprises, relatif au réaménagement du parking du stade Meyer (côté donnant sur la rue des Champs) ;

16. le devis estimatif, établi par le service travaux publics du service gestion et maintien du patrimoine communal, pour un montant de 150'000,- € toutes taxes comprises, relatif au réaménagement de la zone 30 dans la rue du Parc ;

17. le devis remanié, établi par notre service technique des bâtiments pour un montant de 70'000,- € toutes taxes comprises relatif au remplacement des aérothermes par un système qui fonctionnera avec la convection et rayonnement naturelle dans le bâtiment G (garage) des ateliers communaux ;

18. les décomptes suivants : mise en conformité et rénovation du petit bassin (phase 1) de la piscine en plein air 564'966,64- €; mise en conformité de la piscine Strutzbiere C 21'685,81- €; remplacement de la toiture au bouldrome 48'873,16- €; mise en place d'un plafond acoustique au gymnase Gaffelt 10'000,00- €; aménagement d'un bureau au stade A. Meyer 13'798,30- €

19. un crédit spécial de 500'000,- € pour prendre en charge les frais d'hébergement et de restauration pour l'accueil des réfugiés ukrainiens.

4 – COMMISSIONS CONSULTATIVES

Les modifications suivantes à la composition de différentes commissions consultatives sont adoptées unanimement : Monsieur Charlie Conrady est remplacé par Monsieur Raoul Gerend en tant que membre-expert dans la commission de l'environnement, de l'énergie et de la protection de la nature ; Monsieur John Bovi est remplacé par Monsieur Paul Braquet en tant que membre-citoyen dans la commission des sports et des loisirs ; Madame Daniela Oliveira Da Silva est remplacée par Madame Vera Bintener dans la commission des affaires culturelles ; Monsieur Francis Waldbillig est remplacé par Monsieur Sandro Farneti dans la commission des bâtisses et du développement urbain ; Monsieur Daniel Schintgen est remplacé par Monsieur

Denis Barthelmy dans la commission des jeunes ; Messieurs Georges Lemmer et Yves Steffen sont ajoutés au pool des remplaçants.

5 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Une question a été soumise par la fraction « CSV » au collège des bourgmestre et échevins, concernant la réglementation sur le parking résidentiel. Il est répondu à la question séance tenante.

Fin de la séance vers 11.10 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 25. MÄERZ 2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Kolleegen aus de Servicer an och Vertrieeder vun der Press, ech géif lech häerzlech wëllkomm heeschen hei an eisem Gemengerot deen a senger Kompositioun komplett ass. Wëllkomm déi zréck, déi virun enger Woch net konnten hei sinn a krankheetshalber ausgefall sinn. Si sinn also nees alleguer geneesen, wat jo och e gutt Zeechen ass.

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech géif proposéieren, dass mer op den éischte Punkt iwwerginn ënner Korrespondenz. Ech kucken op d'Kolleeginnen a Kolleegen vum Schäfferot – do gëtt et näischt, an da géife mer op den zweete Punkt iwwergoen, dat ass d'Circulatioun.

2. CIRCULATIOUN

2.1. Approbatioun vum temporäre Circulationsreglement fir d'Terrassements-aarbechten an der René Hartmann-Strooss

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Merci Här Buegemeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, wéi Der wësst hu mer am Centre sportif René Hartmann, also an eiser Sportshal, eng Holz-Pellets-Anlag, déi och d'Fernwärmenetz am Brill mat hëtzt. Dëse Réseau huet op der Héicht vun der Parkstrooss vun der Entrée vun der Sportshal oder op der Héicht vun der Rue Ceca eng Fuite, sou dass mer gezwonge sinn do d'Strooss opzerappen an dat defekt Netz fräizeleeën an natierlech och ze flécken. Falls et an der Hartmann-Strooss ass, da muss d'Strooss vun der Parkstrooss bis op de Parking gespaart ginn. Well d'Schülerbussen op de Parking vun der Sportshal fueren, kënne mer dës Aarbechte just an enger Schoulvakanz maachen. An Dir wësst jo och, datt am Mee soll eis oppe Schwämm opgoen. Falls et an der Cecaastrooss ass, da gëtt déi komplett fir de Verkéier gespaart, fir datt d'Awunner aus der Rue Norbert Metz, tëschent der Rue Ceca an der Rue Bierchem, wou lo

Einban ass, kënne bei hir Haiser kommen, gëtt dann do d'Einban opgehuewen. Leider ass lo net bekannt, wou genau d'Netz läit. Falls et maten an der Strooss läit, muss d'Strooss komplett gespaart ginn. Et dierf dann net méi aus der Parkstrooss bei d'Sportshal oder an d'Cecaastrooss ofgebéit ginn. Falls et just ënnert enger Säit läit, gëtt déi gespaart an et bleift eng Spuer op. D'Autoen aus der Parkstrooss hätten da Prioritéit par rapport zu deene vum Parking, respektiv zu deenen aus der Rue Norbert Metz. An aus deem Grond steet dann och an der Deliberatioun dran, „selon besoins du chantier“. D'Aarbechte solle viraussichtlech de 4. Abrëll lassgoen an dauere +/- eng Woch. Éier d'Aarbechte lassgi gëtt nach eng Kéier vun engem Expert gekuckt, wou genau déi Fuite ass. Ech mengen, dat ass souguer scho geschitt? Ech kucken op den Nic. Sou dass mer sou mann wéi méiglech mussen d'Stroossen oprappen. Den Nic ass hei. Wann nach Froen dozou sinn, respektiv zum Verkéiersreglement, de Pit Demuth. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia fir déi doten Erklärungen. Froen? Remarken?

THESSY ERPELDING (DÉI LENK):

Ech hunn awer eng Fro. Ech wousst jo lo net, firwat dat dote wär. Wann Dir sot, et ass eng Fuite an der Heizung, dat heescht et fonctionéiert awer nach alles normal de Moment, sou dass d'Leit do net beträff sinn? A wat ass dat fir eng Fuite, wat leeft do raus?

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD):

Et ass esou, et ass eng Waarmwaasserfuite. Et ass sou wéi bei enger Heizung och hei an de Gebaier. Et ass e Virlaf an e Récklaf an dat ass eng Stoleleitung, déi mat waarmem Waasser gefëllt ass, an do ass an engem Deel eng Fuite dran. Dat heescht, dat Waasser dat leeft aus der Leitung raus. Et ass eng kleng Fuite. An awer mussen mer all Woch ronn 4000 Liter Waasser nofëllen, dat ass och net näischt. Mir kéinten och nach weider sou fueren. Mee et ass wéi d'Claudia gesot huet, wann et elo net gemaach gëtt an der Ouschtervakanz, duerno hu mer d'oppe Schwämm, déi opgeet a mir kënnen et och nëmmen an de Vakanze flécken. En plus ass et keng Gemeengeleitung, et ass Co-Generation S.A. an et ass d'Luxenergie déi dat bedreift.

Wat elo d'Repercussiounen op d'Bierger ubelaangt, do mussen mer lo natierlech kucken, dass elo déi wéi d'Altersheimer, déi kréien e Container dohi gesat, fir dass si weider Hëtzt kréien. Wann déi Leitung eng Kéier ofgespaart ass, da gëtt se an zwee Stécker geschnidden, da gëtt dat Stéck wat duerchgerascht ass erausgeholl, et gëtt en neit Stéck Stol agesat an duerno kënnt erëm d'Detektioun, dat ass e Stroumkabel, dee gëtt erëm ageluecht. An d'Isolierung, dat ass e wichtege Punkt. D'Isolierung ronderëm déi stole Leitung fir dass keng Hëtzt verluer geet an och fir dass se isoléiert ass géint Korrosioun, dat gëtt erëm ronderëm gemaach. Dat ass d'Prozedur, wéi dat fonctionéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Nic Krumlovsky fir déi méi technesch Erklärungen. Soss ginn et keng weider Froen. Da géif ech virschloen, dass mer iwwert dës Reglement temporaire

géifen ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.2. Ännerung vum Allgemenge Verkéiersreglement – Virfaart loossen an der Libératiounsstrooss op der Kéier Libératiounsstrooss – Rue du Commerce (CR184)

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, do komme mer méi no an den Zentrum, an Dir gesitt et all Dag, datt mer mat eisem Chantier Commerce-Libératiounsstrooss gutt virukommen, sou datt den Accès vun der Libératioun vun der Gemengeplaz aus kommend an d'Rue du Commerce gläich och erëm kann opgoen. An aus deem Grond gëtt et dann och Zäit, dass mer en definitivt Verkéiersreglement fir dëst Stéck stëmmen. Virum Chantier si vun der Libératiounsstrooss zwou Spuere fortgaangen. Eng a Richtung Commerce – Zouftgen an eng a Richtung Libératioun – Frankräich. Mam neie Projet geet awer nëmme méi eng Spuer an d'Rue du Commerce, wou een da kann no lénks oder eeben no riets ofbéien an aus deem Grond muss eng nei Virfaart agefouert ginn.

Beim ale Rideaux François kënnt en Dräieck hinn, „Cédez le passage“ fir an d'Rue du Commerce anzébéien. D'Leit aus der Staatsstrooss, dat ass den CR184, dat ass d'Libératioun / d'Commerce, behalen also d'Virfaart. D'Rue du Commerce, dat Stéck vum Match kommend, huet haut schonn en Dräieck, sou dass do net méi muss reglementéiert ginn. An der finaler Phas kommen dann nach rout Luuchten op dës Kräizung, mee den Dräieck behält Bestand, fir de Fall, datt déi rout Luuchten eng Kéier géifen ausfalen. Dat dote Verkéiersreglement hu mer och de Méinden an der Verkéierskommissioun virgestallt an ech géif lech bieden, et dann och sou hei unzuhuelen. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. D'Madamm Dall'Agnol sot lo, do kommen eng Kéier Luuchten. Ech ka mech erënneren, dass deemools och gesot ginn ass: Wa Luuchte kommen, dann ass dat jo och fir d'Bussen ze prioriséieren. Well de 4 an de 5 fueren do. Dat heescht wann déi lo en Dräieck hunn, dann hunn déi awer do och elo keng Virfaart méi. Wéini kommen dann déi Luuchten, fir dass d'Bussen awer e bësse prioriséiert kënne ginn?

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATIOUN): Zur Bus-Prioriséierung. D'Luuchten, dat kënnt elo mam Enn vum Chantier, wa bis Double-sens an der Rue du Commerce, Rue de la Libération ass. Wéini dat elo genau ass, weess ech lo och net, well ech net déi genau Planung am Kapp hunn. Mir müssen am Moment iergend enger Strooss Prioritéit ginn, an dee meeschte Verkéier ass de Moment awer nach um CR, sou dass déi Prioritéit am Ament hunn. Mee d'Busse kënne jo nach ëmmer gutt ofbéien, déi müssen net laang waarden. Well an der Chantiersphas bleift jo nach ëmmer de Sens unique vun der Libératioun kommend Richtung Rue du Commerce. Dat heescht, do dierft da kee Problem si fir d'Bussen, dass déi net müssen ze laang waarden.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Et schéngt keng wei-



der Froen ze ginn, da géif ech proposéieren, dass mer iwwert dëst Reglement ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.3. Ännerung vum Allgemenge Verkéiersreglement – Stationnement fir Elektroautoen op de Parkinge vun der CFL

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Da komme mer bei d'Chargy-Bornen. Dir wësst datt mer aktuell als Gemeng ronn 10 Chargy-Bornen am Domaine public stoen hunn, déi de Staat bezuelt huet. Wéi am Gemengerot vum 10. Juli 2020 ugekënnegt, kommen elo och Borne fir d'CFL. De Staat baut also säin Netz vun deene Bornen aus a stellt der nach op Parkinge vun der CFL an dëst dann och bei zu Diddeleng. Wou sollen déi Bornen hikommen? 2 Bornen op de Parking Arrêt Dudelange-Ville bei de Foussgängerwee fir an d'Bierengerstrooss an d'Mëtt vum Parking. An eng Borne op de Parking vun der Gare-Usines direkt an d'Entrée. Vlächicht nach als kleng Rappel, ech hunn dat zwar schonn e puer Mol hei am Gemengerot gesot: un enger Borne kann een 2 Auto lueden, dofir 2 Parkplaze pro Borne, déi musse reglementéiert ginn. Fir all weider Info verweisen ech op dee flotte Site vu Chargy.lu, wou een all Infoen a verschidde Sproochen fënnt. An all Detail krut Dir jo och scho vu mir, virun allem a menger Interventioun den 9. Februar 2018 gezielt, wou mer déi éischt Bornen hei installéiert hunn. Ech géif lech bieden, dat doten ze stëmmen, fir datt d'CREOS déi dote kann installéiere fir d'CFL.

CLAUDE MARTINI (CSV): Wéi laang dierf een dorobber stoe bleiwen? Och wann s de eng Vignette hues?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci. Ech krut d'Remark gemaach, dass et opfälleg ass dass an eisem Parking Am Duerf keng Borne ass. Ech weess, dass dat e privaten Anbieter ass. Et wär awer vlächicht interessant, och do ze intervenéieren, dass déi eis och eng Borne géifen dohinner setzen, dat géif an dat ganz Glo-balkonzept vun Diddeleng passen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo, absolut. Huele mer mat. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATIOUN): Fänke mer da mat der Äntwert fir den Här Martini un. Déi dote Born si jo op de Park & Riden, dat heescht et ass jo am Fong illimitéiert. Déi aner elektre Born si jo op Parking payant, wou mer et op 3 Stonne reglementéiert hunn, do ass et jo op dräi Stonne reduzéiert. Bei de Garen, do

ass et Park&Ride, do kënne se sou laang drop parke wéi se wëllen. An dann ass et och nom Prinzip: First come, first served. An da fir d'Fro vun der Madamm Kayser: Déi Demande ass schonn e puer Mol gestallt ginn.

A wéi Dir gesot huet, et ass e private Parking. An aus Sécherheetsgrënn wëll de privaten Exploitant en net maachen, wann eng Kéier eng Pann ass oder sou eppes. Well déi elektresch Bornen awer heiansdo d'Tendenz hunn e Kuerzen ze kréien an da kënnt et zu engem Incident an d'Police kënnt do a sou ee Gebai ganz schwéier eran. An dat war ëmmer d'Ursaach, firwat se keen an de Parking Am Duerf wëllen dramaachen, am Souterrain. Mir hu schonn e puer Mol gefrot. Et war jo och d'leschte Kéier schonn d'Fro, wéi mer déi lescht 4 Bornen installéiert hunn, do ass och schonn déi Fro gestallt ginn, an do krute mir geäntwert, aus Sécherheetsgrënn wëlle si keng an Haiser maachen. An dat sot och d'CREOS, dass si dat aus Sécherheetsgrënn net gäre géife maachen.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter, et ass elo e bësse méi staark wéi ech, mee ech muss do eng Remark maachen. Ech fannen dee Bedreier vun deem private Parking soll mol kucken, dass seng Barrièren ëmmer funktionéieren. Dat wär mol méi sënnvoll an do kann een dann doriwwer weiderschwätzen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Just eng Bemierkung. Ech fannen dat eigentlech net gutt, wa Chargy-Bornë kënnen de ganzen Dag besat ginn. Do kënnt dann ee moies, setzt säin elektreschen Auto dohin, fiert an d'Stad schaffen, an de ganzen Dag kommen aner Leit, déi déi Plaz bräichten, net derhannert. Ech fannen dat als Konzept net ganz gutt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Do leit Der net falsch an där Iwwerleeung.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech wollt lo grad dat selwecht soe wéi den Här Gangler. Ech fannen dat och net ganz glécklech. Mee dat geet jo alles an déi Richtung. Mir kënnen och do net op där enger Säit soen, d'Leit mussen réckelen an e Flux dra loossen. An hei, wou dann d'Leit incitéiert ginn - a mir kënne jo och d'Zuelen, wéi dat dann an d'Luucht geet, well d'Leit ëmmer méi elektresch Autoe kafen. Dat geet schonn an déi Richtung, datt dat ëmmer méi gefrot ass, an ech fannen dat och net ganz glécklech. An zum Parkhaus wëll ech awer och nach soen: ech sinn iwwerzeegt, datt dee selwechte Bedreier och nach aner Parkhaiser huet. Dat ass eng grouss Boîte. An ech kenne bal kee Parkhaus, dat keng Bornen huet. Ech mengen, do kann een awer och nach eng Kéier nohaken an insistéieren. Ech perséinlech kenne kee Parkhaus... ech fieren ëmmer derlaanscht, si si meeschtens relativ visibel, ech kenne keent, wou dat nach net ass an do gëtt sech d'Saach e bëssen einfach gemaach.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Meng Fro ass déi hei: Wéi ass dat gereegelt, wann elo en Auto sech op déi Plaze stellt, dee keen Elektroauto ass? Wann een op där anerer Säit näischt ka maachen, kann da jiddweree sech dohinner stellen?

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Dat si jo speziell reservéiert Parkplaze fir Gefierer mat Elektro. Dofir musst dir dann och mat sou eppes drop fieren. Dat ass wéi wann een op enger normaler Parkplaz géing parken ouni Ticket. Dat gëtt och genau d'selwecht gehandelt. Déi ginn dann och normal protokolléiert, wéi wann ee géif ouni Ticket parken oder op enger Plaz, wou een net dierft.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Als Benotzer vu Chargy hat ech mech lo kuerzfristeg bei hinne reingeféiert, an ech mengen, si änneren de System, dass ee muss reservéieren fir eng Borne. An dann ass dat mat deem ganzen Dag parken, dann ass dat geschwéi Geschicht.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Meng Fro wier: Wa mer net kënne sou eng Borne am Parking maachen, ob ee se net kéint iergendwéi kompenséieren, an am Shared Space dann 2 Parkplaze virgesi fir sou eng Borne. Dat limitéiert dann och dee Moment, a sou hätte mer en Equilibre an et wier ausserhalb vun engem Parking.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et dierf een awer net vergiessen, dass am Shared Space d'Parkplaze limitéiert sinn op just 30 Minutten gratis.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Ma do kënnt jo en neien Deel, vläicht do dann 2 Parkplaze méi hunn. Dat ass just eng Propos.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Da probéiere mer drop ze äntweren.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Datt Chargy do wëll eppes un de Bornen änneren, dat hu se eis net matgedeelt, d'CREOS huet eis dat de Moment och net gesot, sou datt ech net weess, wéini dat soll sinn. Souwisou schwätze mer hei vu Park & Riden, déi der CFL gehéieren. Ech fannen et perséinlech och net gutt, datt do de ganze Dag där gefarkt ginn. Kommt mir waarden elo mol of. Wa Chargy dat souwisou ännert, dann ass de Problem geléist. An am anere Fall, da mussen mer an Diskussioun mat der CFL trieden, ob si d'accord sinn op hirem Park & Ride déi Parkplazen do op – ech soe mol – 2 bis 3 Stonnen ze limitéieren. A wa se dat maachen, da kënne mir se hei frësch reglementéieren.

Dat anert – wann ech dat richtig verstane hunn – dann ass et och CREOS déi gesot hunn, si wëllen dat net am ënnererdesche Parking maachen, manner wéi d'Bedreiwergesellschaft. Et misst ee vläicht mol kucken, déi nei Parkingen an der Stad, den Hellege Gescht an och de Knuedler, wéi et dann elo do ass. Ob déi der och gemaach hunn a vu wem déi gemaach goufen, well am Ausland ass dat gang und gäbe, an da kann een och dat nach eng Kéier mat hinnen diskutéieren. Ech verstinn natierlech, datt et eng grouss Brandgefor ass. Mee wann et fir eis eng Brandgefor ass, dann ass et och fir all anere Parking op der Welt och eng Brandgefor. An dann hat d'Semi nach gefrot mam Shared Space. Bon, ech hunn elo keen Elektroauto, mee ech mengen an 30 Minutten ass en net gelueden.



THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Ech hu keng Fro, ech wollt just eng kleng Bemierkung maachen. Deemools, wéi dee Parking gemaach ginn ass Am Duerf, do waren déi Lenk dergéint, dass dat soll outgesourcd ginn. Do hate mer gesot: Et ass eisen Terrain. D'Gemeng hätt sollen dee Parking halen a selwer exploitéieren. An dann hätte mer zumindest lo e kleng Problem manner. Da misste mer eis sech just mat Creos a mat Enovos erëmschloen amplaz mat engem privaten Exploitant. Ech wollt dat just soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech widderhuelen dat, wat ech och deemools gesot hunn: Et ass net de Core-Business vun enger Gemeng, fir e Parking souterrain ze geréieren. Ech mengen datt dat hei e Beispill ass, wéi een et a villen anere Gemen-gen och huet, wou d'Gemeng och Proprietär vum Terrain ass, mee wou den Exploitant dann en aneren ass. Et ginn e ganze Koup aner Gemen-gen hei am Land, wou dee selwechte System spilt wéi hei zu Diddeleng.

Nach weider Froen, Remarken? Dat ass net de Fall, da géif ech proposéieren, dass mer iwwer dëst Reglement ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3. GEMENGEFINANZEN

3.1. Approbatioun vun den Ännerungen am Kapitel X – Waasser – vum allgemengen Taxereglement

3.2. Approbatioun vun den Ännerungen am Kapitel XI – Ofwaasser an Assainissement - vum allgemengen Taxereglement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer iwwergoen op d'Finances communales. Dat ass am Fong d'Taxereglement fir d'Waasser a fir d'Ofwasser. Ech géif déi zwee zesammen huelen. Ech wëll net nach eng Kéier déi Diskussioun ronderëm dat dote Reglement féieren. Do hate mer am Kader vun de Budgetdiskussionen den 10. Dezember 2021 hei am Gemengerot driwwer geschwat. Hei ass eebe just reng wat eng Formsaauch ugeet. Do kann een domat averstane sinn oder net – soit. Et ass jo am Fong sou, dass mer hei dat Reglement gestëmmt hunn, dass mer dat och un den Interieur erageschéckt hu fir et approuvéieren ze loossen. De 14. Dezember hu mer dat ageschéckt. An den Interieur huet eis dat heite Reglement, also déi zwee Reglementer, refuséiert, mat der Argumentatioun dass den Avis vun der Administration de gestion de l'eau, also vum Waasserwirtschaftsamt, net virläit. Reng formal gesinn ass dat net falsch. Et ass richtig, dass mer den offiziellen Avis vum Waasserwirtschaftsamt den 21. Januar 2022 kritt hunn.

Et ass awer sou, dass mer, wéi mer hei am Gemengerot waren, schonn iwwert en E-mails-Austausch mat Mataarbechter vum Waasserwirtschaftsamt schonn de Feu vert kritt haten. Dofir hu mir nach eng Kéier an eise Courrier un d'Inneministesch gesot, si soll dat reconsideréiere mat Pièces à l'appui. Hei ass e gewësene Formalismus. Schlussendlech hu mer hei elo en

offizielle Courrier vum Waasserwirtschaftsamt, deen da confirméiert, wat an der E-mail stoung. Sou kann een dat resuméieren. Dat heescht, alles ass an deem Sënn konform. Eise Courrier, dee mer de 7. Februar adresséiert hunn, ass an deem Sënn net consideréiert ginn, sou dass mer hei nach eng Kéier mussen an de Gemen-gerot kommen, fir dat nach eng Kéier zweemol formal ze approuvéieren. Dat zu den Erklärungen, wat dëst Reglement ugeet a punkto Formalitéit a Certification administrative.

Froen dozou, Remarken? Da kënne mer doriwwer ofstëmmen. **Ass de Gemengerot mat deenen zwee Reglementer averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun deene Gréngen, LSAP, CSV an dem onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat ass déi Lenk.** Villmools Merci.

3.3. Approbatioun vum Devis estimatif fir verschidde Reamenagements- an Erneierungsarbechten u verschidde Reseauen an der Butschebuergerstrooss, an der Rue Mont Saint-Jean an „Am Weierchen“. (Presentatioun an Explikatiounen: B.E.S.T. Ingénieurs-Conseils)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass d'Approbatioun vum Devis estimatif ronderëm d'Reamenagementsaarbechten a Reseausaarbechten an der Butschebuergerstrooss, an der Rue Mont Saint-Jean an och „Am Weierchen“. Do begrëssen ech hei an eiser Ronn nieft dem Pit Demuth awer och de Mica da Silva, och vun eise Service Travaux Publics. A vu B.E.S.T. ass de Gerant, den Här Urbing do. Dir sidd och häerzlech wëllkomm hei am Gemengerot. Dat wat mer haut hei presentéieren, do hate mer jo scho virun enger ganzer Rei Wochen d'Méiglechkeet, driwwer ze diskutéieren am Kader vun engem informelle Gemengerot.

E gréissere Projet, deen endlech elo duerchgezu gëtt, nodeems engersäits virun etleche Joren de Staat prett war an du d'Gemeng net prett war. A wou d'Gemeng du prett war, war de Staat net prett. Du hu mer eis op e gemeinsamen Nenner gesat, fir kënne dëst Joer am Hierscht unzefänken, wann alles gutt geet. Dofir hate mer jo och den informelle Gemengerot aberuff, fir och de Volet vu Ponts & Chaussées ze kucken. Well dat heite jo e Projet ass, deen ënnert dem Lead leeft vun de Ponts & Chaussées, well den CR164 eng Staatsstrooss ass, a Ponts & Chaussées hei d'Direktioun huet vun den Aarbechten a mir natierlech matzéien als Gemeng wat de ganze Volet vun de Kanalisatiounen, respektiv Aménagementsaarbechten ugeet. A fir elo nach eng Kéier du-erch de Projet ze féiere ginn ech nach eng Kéier kuerz

un d'Claudia d'Wuert an dann un eis Mataarbechter an dann un den Här Urbing, deen nach eng Kéier duerch de Projet wäert féieren. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Wéi de Buergermeeschter ganz richtig sot, wäerten de Bureau d'études an eis Leit nach eng Kéier ganz kuerz duerch dee Projet goen. Mir hate jo en informelle Gemengerot, wou alleguer d'Detailer schonn eng Kéier virgestallt goufen. Deen informelle Gemengerot hate mer jo och zesumme mat der Verkéierskommissioun, fir datt jiddwereen um nämmlechten Informatiounsstand war. De Buergermeeschter ass och kuerz drop agaangen, wéi d'Kompetenze sinn, wie wat mécht, an datt mer och d'Reseauen allegueren erneieren. Wat awer wichteg ass: Mir haten an eise informelle Gemengerot zesumme mat der Verkéierskommissioun eng länger Diskussioun iwwert d'Bushaltestell uewen zu Butschebuerg. An do läit och elo eng Léisung um Dësch, déi och mam TICE ofgeschwat ass an déi déi och preferéieren. An e Méinden hate mer och eng Verkéierskommissioun, wou mer och der Verkéierskommissioun nach eng Kéier déi dote Léisung virgestallt hunn. An ech ginn dann dem Bureau d'études, respektiv eise Leit d'Wuert, fir nach eng Kéier duerch de Projet ze féieren. Merci.

MIKE URBING (ASSOCIÉ-GÉRANT BEST): Gudde Moien Dir Dammen an Dir Hären. Ech presentéieren lech hei dee Projet. Op dem éischte Slide gesäit een, wou de Projet ass. Dee ganze Beräich hei, deen hei a Faarf ass, dee gëtt reamenagéiert. Hei weisen ech lech am Detail eenzel Plängausschnëtt. Woubäi ee gesäit, datt hei eng Strooss nei gemaach gëtt an enger Breet vu 6 Meter. An et huet een op béide Säiten den Trottoir als Chemin mixte, dat heescht fir Vëlo a Foussgänger, nei amenagéiert. Et gëtt e ganz modernen ekologesche Belag hei gemaach, e Pilotprojet hei am Land. Dat ass en CO2-mindernden Asphalt, deen hei agesat gëtt. Am nächste Bild hei gesäit een de Beräich virun der Schoul. An deem Beräich gëtt Tempo 30 agefouert. An déi hei Plaze si Kiss-and-go-Parkplazen. An hei geet et weider mat engem Trottoir traversant. Am Prinzip ginn am Projet d'Kräizungen als Trottoir traversant gemaach.

Dann hu mer hei erëm Parkplazen amenagéiert mat Stroossebeem an op béide Säiten, wéi virdrun och, den Trottoir als mixte. Wat geännert ginn ass, dat ass an deem hei Beräich, do gëtt Faartrichtung elo gedréit wéinst deem Thema mat der Bushaltestell. Mir wäerten et sou hunn, datt mer dann hei erafueren. Hei kann de Bus halen, wou een hei dann eropfiert. A Faartrichtung hei wäert dann Einban vu lénks no riets sinn. Net wéi haut. Dat heescht, dat gëtt gedréit. Mir haten dofir e puer Varianten ausgeschafft, an dat hei ass wierklech déi Variant, déi vu Ponts & Chaussées ganz kloer am beschte fonnt ginn ass. Well déi Varianten, déi hei op der Strooss gewiescht wäeren, déi sinn all vu Ponts & Chaussées net validéiert ginn duerch d'Giratiounen oder d'Visibilitäten oder aner Grënn. Dat hei fanne mir och elo eng ganz gutt Léisung. Fir hei erof hält dee Moment de Bus hei. A fir erop hält de Bus hei. Firwat dat hei sou e bësse wäit auserneen ass, dat ass well hei dee Bus, deen hei erausfiert, d'Giratioun, wann do ee géif stoen, dass déi laanschtenee kommen. Dofir ass deen Ofstand hei e bësse grouss, mee anescht géifen

déi Schleppkurven net laanschtenee kommen. An deen Zebrastreifen hei ass och an där hei Variant eigentlech ideal fir déi Verbindung hei eriwwer. Dee war jo an där aler Variant méi hei uewen. Da gesäit een hei och nach eng Kéier deen ënneschte Beräich, wéi dat Ganzt nei amenagéiert gëtt.

Hei sinn elo zwee Pläng déi weisen, wou elo nei Beem kommen oder Beem ewechfalen. Do kann ee graff soen, et si 60 nei Beem geplangt an et wäerte 27 vun deene besteeënde Beem ewechfalen. Dat heescht, et si méi Beem am neie Projet wéi haut do sinn. Dann am ganze Projet gëtt Gas, Waasser, Post, Stroossebeliichtung, d'Antenne collective a Stroum iwwerall nei gemaach. Da gëtt och am ganze Projet de Kanal erneiert duerch e Reewaasser- an e Schmutzwaasserkanal. Hei gesäit ee lo e Beispill vun enger Coupe vun der Strooss. Et gesäit een op béide Säiten deen Trottoir mixte. Dann eng Furbunn vu 6 Meter. An deem heite Beräich, wou d'Coupe geholl ass, ass hei nach ee Bam an do nach eng Parkplaz. Hei gesäit een och e Beispill vun deem Trottoir traversant deen ech erwäant hat. Do ass d'Kräizung da sou, dass mer do net en Zebrastreifen hunn, dee sou abucht, wéi een dat normalerweis huet. Mee hunn hei deen Trottoir, dee riicht duerchgeet. Mee mer hunn awer eng Aart Bordür fir op deen Trottoir erop- an erofzefueren. Dat heescht op béide Säite muss een eropfueren, fir do drobber ze kommen. Dat sinn awer ofgeschrägte Bordüren, dat ass eppes, wat sech awer relativ gutt fiert. Hei nach e puer Fotoen, wéi et haut ausgesäit a wéi et duerno wäert ausgesinn. Ech muss do net vill dozou soen, do gesäit een um Bild selwer, wat dat wierklech fir en Ënnerscheid gëtt.

De Chantier wäert a Phase gemaach ginn. D'Phase gesäit een hei: giel als éischt, da mauve orange, blo, rout, also an där Reiefolleg wäert dat Ganzt gemaach ginn. Op deem nächste Slide hei gesäit een och datt mer, wann alles normal geet, am Mäerz 2025 wäerte mam Chantier fäerdeg si wann en elo am Hierscht dëst Joer ugeet. Fir de Chantier wäerten d'Autoen als Deviatoun hei ronderëm geleet ginn. A fir d'Busser hu mer och gekuckt, wéi do Deviatounen noutwenneg sinn. De ganze Projet sinn 10.250.000.- € TTC, woubäi awer d'Part vun der Gemeng 7,5 Millioun de Moment ass. Domat hunn ech relativ séier dat Ganzt presentéiert. Wann nach Froe si ginn ech gären drop an.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Urbing fir déi doten Erklärungen. Ech kucken elo bei eis Servicer, ob si nach eppes wëlle bäifügen? Dat ass net de Fall. Da maache mer d'Ronn op. D'Madamm Ahmedova an dann den Här Friedrich an d'Madamm Heinen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hätt just e puer Froen an da wäert d'Monique d'Stellungnam maachen. Also fir d'éischt begréisste mer natierlech de Belag. Dir hutt et gesot, et ass en ekologesche Belag, deen och nach CO2 späichert. Ech hu mech och iwwert d'Liewensdauer vun deem Belag informéiert, an dat schéngt awer och eng gutt Liewensdauer kënnen ze hunn. Fir net ze soen, dass mer an 10 Joer erëm müssen en neie Belag maachen, well et awer eppes ass, wat relativ nei ass. Zu menge Froen:

De Busarrêt beim Angeldall, deem ass erop geréckelt gi Richtung Schoul. An ech hu mech einfach vum Trafic hir gefrot, ob dat sënnavoll ass. Well dee Moment hues du déi aner Strooss, wou den Auto och muss ofbéien. Ech hu mech gefrot, firwat mer de Busarrêt do geréckelt hunn? Neen, deem aneren ënne beim Angeldall. Et ass deem do uewe riets. Well dee war e bësse méi ënnen. An elo steet e wierklech do, wou déi aner Strooss eraus an erafiert. D'Rue des Champs kënnt do raus, an dann déi aner Säit geet et an den Angeldall eran. A virdru war e virun der Entrée vum Quartier an elo ass et no der Entrée vum Quartier. An ech froe mech, ob et net e bësse stéiert, wann de Bus do stoe bleift an d'Leit erausklamme mat där Rue des Champs?

Beim Budget hunn ech mech och gefrot: normalerweis huet ee jo ëmmer sou en Deel „Divers et imprévus“. Bis elo war et sou, dass mer meeschtens tëschent 5% an 10% virgesinn hunn. Mee ech menge mat där aktueller Kris, sief et Covid-Kris oder elo Ukraine-Kris sinn all Baumaterialien am Gaang eropzegoen, Bensinn etc.. Ech weess net, wéi vill de Montant war, mee sollte mer net vläicht e bësse méi virgesinn, fir net mussen an zwee Joer erëm en neie Budget ofzestëmmen?

Dat anert, wat ech mech gefrot hunn, dat sinn d'Barrière bei der Schoul. Déi si ganz ewechgefall. Quitt datt mer op Tempo 30 erofkomm sinn ass et vläicht awer besser, dass mer a punkto Sécherheet eppes Klenges opbauen, sief et Bänken oder Backen oder Hecken oder vläicht e bësse méi Beem. Well et sinn awer Kanner. A wéi d'Monique gesot huet, de Ball, dee spréngt dann eraus an da sprange se nom Ball an et wier vläicht besser, iergend eppes Visuelles awer och Physesches, einfach en Dispositif opzestellen, fir d'Kanner ze schützen. An déi lescht Fro wier: Bilan vun de Parkplazen. Hu mer der méi oder manner elo an där ganzer Tranche? Dat wieren da meng Froen.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci fir d'Wuert. Ech hu just eng allgemeng Remark ze maachen, dass mir et am allgemenge begréisst hunn, dass fir d'éischt eng Informationsversammlung war mam Gemengerot an och mat der Verkéierskommissioun, fir iwwert esou e Projet ze diskutéieren, well dee Moment komme ganz vill Meenungen zesummen. Bon, dat kann een net fir all Projet maachen. Dat hei ass schonn e Projet, deem e bësse méi eng grouss Envergure huet. Et ass natierlech net méiglech, dat fir jiddwer Projet ze maachen. Mee hei sinn Iddie mat eragefloss, déi herno konnte verwäert gi wéi ënner anerem de Busarrêt. An dat ass wierklech eng ganz gutt Saach gewiescht fir dass herno net gesot ka ginn et ass net jiddwereen am Boot gewiescht. An dofir si sou Saache wéi de Busarrêt och verréckelt ginn. An dofir ass dat natierlech begréissenswäert, wann éier Decisiounen geholl ginn, nach fir d'éischt gekuckt gëtt mat deene Responsabelen zesummen a mat de Leit alleguerten, déi d'Käpp dann zesummestrecke fir déi bescht Léisungen ze fannen. An dofir sinn och hei déi eng oder aner Modifikatiounen gemaach ginn, wat mer natierlech ganz begrëssen. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert, Merci och fir d'Presentatioun. Mir kruten de Projet an engem informelle Gemengerot den 22. November virgestallt. An och net méi spéit wéi leschte Méindeg ass

an der Verkéierskommissioun driwwer geschwat ginn. Haaptsächlech goug et ëm de Busarrêt, deem elo op eng aner Plaz kënnt wéi ursprénglech geplangt. Den neien Arrêt an der Rue Mont Saint-Jean kënnt elo an déi Zone de rencontre, wat och méi User-frëndlech ass an de Bus brauch net méi am Bierg unzufueren, wat alle Bedeelegten entgéint kënnt. Deemno eng gutt Léisung. Eng Fro ass, wann de Bus elo vun der Keeler Strooss eropkënnt, do huet e jo sou eng extra Spuer fir anzebéien an d'Butschebuergerstrooss. Do erkennt een net sou richtig op de Pläng ob dat nach sou bleift. Da begrësse mer och datt virun der Schoul eng méi hell Zon gezechent gëtt mat Tempo 30. De Belag ass jo e Pilotprojet. Do hate mer presentéiert kritt et wier en „Air clean“-Granulat an e géif d'Schadstoff, also d'Stickoxiden ëm 26% diminuieren, dobäi wier en och nach „lärmmindernd“. Ech mengen et war och deemools gesot ginn, et fale Parkplazen ewech - an d'Madamm Ahmedova huet jo gefrot wéi vill - an et komme Beem bäi. Also 19 Beem méi, wéi den Ist-Zustand. An och 13 m² Gréngfläch si méi geplangt.

Betreffend de Vëlo hu mer en Double sens an der Mont Saint-Jean, wat jo eng Zone de rencontre ass, an dat ass jo dann Tempo 20 km/h. Fir de motoriséierte Verkéier ass et jo dann e Sens unique. An der Butschebuergerstrooss ass op béide Säiten e kombinéierte Rad-Gehweg virgesinn. Hei hu mer eis gefrot, ob et net besser wier, eng Trennung ze maachen, also dat ze zeechnen. Mee ech mengen ech hat deemools scho gesot kritt, datt dat net méiglech wär, well et net breet genuch ass. Wat gutt ass, dat ass datt d'Bordüren erofgesat ginn. Wann een da mol op d'Strooss muss auswäichen, dat geet dat jo dann och besser. Alles an allem kënne mer dëse Projet, dee bis 2025 wäert daueren, a wou och déi ganz ënnerierdesch Leitungen, Kanal, Gas, Waasser, Elektresch erneiert ginn, kënne mer ënnerstëtzen. Ech hunn awer nach eng kleng Fro zou dem Reewaasserkanal. Den Här sot elo grad, dat wär iwwerall, e separate Reewaasserkanal. Ech mengen awer gelies ze hunn, verschidden Tronçone wäere „canal eaux mixtes“, dofir wollt ech do just nach eng kéier eng Prezisioun. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, mir stëmmen haut of iwwert de Reamenagement vun der Butschebuergerstrooss, souwéi en Deel vun der Rue Mont Saint-Jean, also tëschent der Butschebuergerstrooss an „Am Weierchen“. Dat Ganzt ass e Projet vum Ministère de la Mobilité et des Travaux publics, de Ponts & Chaussées an eiser Diddelenger Gemeng. Et ass e Projet wou mer als LSAP frou sinn, dass en endlech ka realiséiert ginn, et ass einfach néideg, an e reit sech och an an ee vun de groussen Projeten. Ëmmerhi beleeft sech den Estimatiounsdevis op 7,1 Milliounen, a wann een d'Etüden derbäirechent vu 400.000.- Euro, da si mer bei engem Gesamtinvest vu ronn 7,5 Milliounen fir eis Diddelenger Gemeng, déi hei an eis Stad investéiert ginn. Derbäi kënnt dann dat Invest vu Ponts & Chaussées, wat dann zesummen en Invest mécht vun 10.250.000.- Euro.

Déi ganz Reseauaarbechte schloe schonn eleng mat 4,5 Milliounen zu Buch an d'Infrastrukturaarbechte

kaschten eis ronn 2,6 Milliounen. Bis déi Strooss dann dat neit Gesiicht huet hu mer dann natierlech eng gutt Zäit e gréissere Chantier, dee sech op +/- 500 Schaffdeeg erauszitt, an anere Wieder 2 Joer an iwwer 4 Phasen. Während der ganzer Chantiersphas gëtt awer garantéiert, dass d'Bierger Accès behalen an hir Haiser, ausser deem Moment natierlech, wou se hiren neien Hauszuschloss kréien. D'Buslinn 5 vum TICE gëtt, wann et muss sinn, deviéiert, sou dass mer den ëffentlechen Transport do kënne sou gutt wéi méiglech oprecht erhalten. Fält e Busarrêt ewech, gëtt en duerch e provisoreshen amenagéiert. Och de Schoulbus kann zu all Moment bei d'Butschebuerger Schoul kommen an dat entweder duerch d'Route de Budersberg oder duerch d'Rue des Romains. D'Hauptdeviatioun fir de Verkéier soll iwwer d'Route de Kayl an „Am Weierchen“ lafen.

An elo zu deem Punkt, dee bei der Virstellung vun dësem Projet am leschten November am informelle Gemengerot d'Gemiddler vun eis alleguer e bëssen aus dem Gläichgewicht bruecht huet, de Busarrêt Butschebuerger, Am Weierchen a Richtung Keel. Ech géif soen de Busarrêt hat wéinstens 70% vun der Reuniounszäit fir sech beusprocht, an déi allgemeng Opreegung huet hir Fruucht gedroen. Elo kënnt e Busarrêt an d'Rue Mont Saint-Jean, wou mer de Sens unique just hu missen ëmdréinen, sou dass de Bus aus der Butschebuergerstrooss kann an d'Rue Mont Saint-Jean fueren, fir dann aus där eraus lénks erop a Richtung Keel ze kommen. Den Arrêt a Richtung Zentrum réckelt erof bei d'Haus Nummer 13 Am Weierchen. An den Zebrasträife fir d'Foussgänger a Vëlo gëtt doduerch e bësse méi rof a Richtung Place Gymnich verluecht, déi Léisung ass weesentlech besser fir den ëffentlechen Transport, Vëlo a Foussgänger.

A propos Vëlo: dee gëtt ëmmer méi en Thema an och dee soll an dësem Projet seng Plaz fannen. D'Trottoiren op béide Säite vun der Butschebuergerstrooss solle sou breet ginn dass Foussgänger a Vélofuerer sech déi kënne deelen, et gëtt also e Chemin mixte. Et ass eiser Partei en Uleies, d'Sécherheet virun de Primaireschoule weider an d'Luucht ze setzen a sou wäert an der Schoul eng Zon 30 kommen, rout Luuchte mat engem Bouton poussoir, fir dass eis Kanner sécher iwwer d'Strooss kënne goen. Mir wënschen eis, dass eis Kanner, souwäit wéi et nëmme méiglech ass, zu Fouss a mam Vëlo an d'Schoul kënne, an des nei Infrastruktur maachen dëst besser méiglech. An deem neien ekologesche Stroossebelag soll e spezielle Produit mat agemëscht ginn, deem d'CO₂-Emissiounen vun den Autoe besser soll bannen. Mir freeën eis als LSAP-Fraktioun op dëse Projet. D'Freed géllt net onbedéngt dem Chantier, deem onëmgängelech ass, mee se géllt deem fäerdege Projet, deem d'Butschebuergerstrooss weesentlech méi attraktiv a sécher mécht an duerch deem d'Liewensqualitéit vun den Awunner e Stéck an d'Luucht geet. Mir stinn als LSAP-Fraktioun geschlossen hannert dësem Projet. Ech soen lech Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Also ech kann natierlech nëmme déi Bemierkungen deelen, déi d'Leit lo hei all virbréngen, wat dee Busarrêt do ugeet. Dat ass eng ideal Léisung. Ausserdeem kënnt nach dobäi, wann de Bus do eropfiert

Richtung Keel, da bleift en och vun der grousser Kräizung ewech, dat heescht en hënnert schonn emol do net. Dat ass eng ganz gutt Saach. An ech si frou, dass mer deemools deem informelle Gemengerot haten, wou mer sou Doleancen och konnte virbréngen. Et ass méi einfach, dat am Virfeld ze kläre wéi lo bei der Hauptsitzung hei, wou driwwer soll gestëmmt ginn. En anere Punkt, deem ech deemools awer ubruecht hat, an deem deelen ech mat der Madamm Ahmedova, dat ass dee vum Gelänner virun der Schoul. Ech hat deemools den Androck, wou mer dat ugeschwat haten, war gesot ginn, dat wier am Fong fir d'Sécherheet vun de Kanner wichteg. Mee ech mengen, Kanner sinn onberechenbar. Bei eisen anere Schoule sinn och Gelännere virun der Dier. Och an der Gafelt, wou eng Luucht ass, ass och e Gelänner, fir dass d'Kanner net einfach onberechenbar an d'Strooss lafen, wa se op där aner Säit de Bopa gesi stoen, dee se siche kënnt. An ech fannen, dat misst hei onbedéngt nach eng Kéier reproduzéiert ginn, ass awer op de Fotoen, déi mer gewise kritt hunn, net drop.

Och wa Ponts & Chaussées domat vläicht e Problem huet: ech fannen, an eis Fraktioun fënnt dat och, fir d'Sécherheet vun eise Kanner ass dat einfach e Must. Mir hunn an deene schéine Fotoen och keng gesinn, wéi den Deel ënnen am Angeldall soll ausgesinn. Dat fannen ech schued, mee mir müssen eis eeben domadder offannen. Et ass mer opgefall, dass deem Trottoir uewen op der Kräizung vun der Nærzengerstrooss zur Butschebuergerstrooss, déi schéngt op deene Fotoen immens schmuel. Ech wollt just nofroen, wat fir eng Breet dass déi do huet?

Meng Froen zum Phasage: Gesäit et dann elo sou aus, dass een all Moment nach an d'Feldstrooss erakënnt an aus der Feldstrooss eraus? Oder kënnt och ee Moment, wou deem Accès vun oder zur Feldstrooss kéint blockéiert sinn? A wann ech de Phasage richteg interpretéieren, dann ass fir d'ganz Dauer vum Projet, an dat ass jo da vu September 2022 bis Mäerz 2025, wou déi ganz Butschebuergerstrooss gespaart ass fir de Verkéier. Do steet Voitures et Poids-lourds fueren d'office all iwwer d'Keelerstrooss oder iwwert Am Weierchen. Oder ass dat ze graff gesinn, an et si just nëmme déi Abschnitter, déi eenzel gezeechent sinn an de Phasagen, dass déi da fir den Autosverkéier gespaart wäeren? Dat ass aus dem Phasage net ganz kloer erauskomm.

An da wëll ech nach eng Kéier d'Confirmatioun hunn: Déi Deviatioun vum Transport en commun, déi duerch den Angeldall geet, dat wier an der Phas 1a /1b vu September 2022 bis Juli 2023, Phas 2a, 2b, vu Juli 2023 bis de Juli 2024 an dann an der Phas 4.2. vum September 2024 bis de Mäerz 2025. Wëll also soen, op där ganzer Dauer vun deem Projet hei, minus 5 Méint, fiert de Bus elo dauernd duerch den Angeldall? Dat wollt ech just eng Kéier confirméiert hunn, dass dat lo eng Kéier haart a kloer gesot ginn ass. Wat mech och géif interesséieren, dat wär déi Héicht vun där ofgeschräagte Bordür do do ënne beim Angeldall. Wéi héich gëtt dat elo? Och wann et ofgeschräagt ass, gëtt dat en Trëttoir vu 5, 10, 15, 20 Zentimeter? Just fir dass een eng lddi huet iwwer wat een do dauernd driwwer knubbelt.

Dann hunn ech mer e bëssen ugekuckt mat deene Beem, déi ewechfalen. Dat sinn der zweemol ënne beim Angeldall, 1 bei der Feldstrooss, déi ginn anscheinend ersat. Dat sinn der 3 am Agank vun der Keelerstrooss, déi ginn anscheinend ersat. Da sinn et der awer 19 uewen am Beräich vun der Place Gymnich, an dovun ginn der nëmmen 9 ersat. Dat heescht, déi Bamallee, déi uewen op der Näerzengerstrooss ass, déi fält als dat emol ewech. Et schéngt mer wéi wann déi nei Beem méi wäit ausernee sinn an et ginn der manner. Mee den aktuellen Aspekt vun där Bamallee an der Näerzengerstrooss an deem do ieweschten Deel virun der Kapellestrooss, dee géif dann emol ewechfalen?

Dann nach eng aner Remark déi ech hunn: De Moment ass ënnen den Agank zur Feldstrooss zimmlech enk. An dat weist sech all Moie virun 8:00, wann een do wëllt eran- oder erausfueren, do komme keng zwee Autoe laanschteneen. De Schoulbus kënnt och nach duerch d'Feldstrooss gefuer. An do fält mer awer op op deene Biller hei, dass den Agank zur Feldstrooss net onbedéngt méi breet ginn ass, mee ech hat éischer den Androck, en ass nach méi schmuel ginn. Ech wollt do just drop hiweisen, dass een do vläicht hätt missen oppassen. Et ass immens enk do ënnen, an do komme keng zwee Autoe laanschteneen an e Bus scho guer net. Ob do net dru geduecht gi war, dat méi breet ze maachen? Well ech gesinn do dee ganz breeden Trëttoir, deen an d'Feldstrooss erabéit an duerno geet et jo och net méi an där Breet virun, well do ass jo kee sou ee Konzept méi, wat fir d'Veloën a fir d'Foussgänger virgesi wier.

Dann hunn ech mer natierlech och déi Fro gestallt: Wiso läit d'Bushaltestell ënnen am Angeldall elo do op där anerer Säit? Zemoools well mer lo grad réischt e wonnerschéint Bushaische gebaut hu mat Solarzellen a begréngtem Daach a sou. Dat kann ee vläicht och nach réckelen, dat ass an der Rei. Mee wiso war de Bus net méi gutt op där Plaz ënne riets nieft der Angeldallstrooss, wéi e bis elo war? Dann hätt ech nach kuerz eng Remark: Et ass elo schued, dass mer net konnten deen ieweschten Deel vum Projet, also uewe bei der Place Gymnich, als Shared Space ausféieren. Wou mer deemools am Gemengerot hei driwwer geschwat hunn, du huet et du geheescht, Ponts & Chaussées wëllt kee Shared Space. Et ass awer en neie Moment do age-tratt. Zënter dem leschte Mëttnoch, wou den Här Minister Bausch du gesot huet, dat war dach guer kee Problem, wann een him just géif e Plang eraginn, da géif hien och eng 30 km/h-Zon autoriséieren an och e Shared Space, dat war alles guer keng Affär. Lo ass et eebe schued, dass mer ze spéit u sinn do, soss hätte mer vläicht kënne vun der Geleeënheet profitéieren, fir dat bei hinnen nozefroen. Dat waren eigentlech all meng Bemierkungen a Froen, déi ech nach hätt. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci fir d'Wuert. Dëst ass e grousser Projet, dee sech iwwert e puer Joer zitt an och e groussen Invest fir d'Gemeng ass mat 7,5 Milliounen. Ech schlësse mech do e bëssen der Madamm Ahmedova u mat der Fro, wéi wäit do „Divers et imprévis“ mat agerechent sinn. Et wäert sécher net einfach gi fir all Nutzer vun der Strooss. Un éischer Stell och fir d'Awunner. Mais bon, wat muss gemaach

ginn, muss gemaach ginn. Et ass gutt, dass lo all Ac-tueur endlech prett ass a se zesummeschaffen an dass dann och de ganze Câblage an alleguerten d'Leitungen nei gemaach ginn, da geet alle an engems. Déi Lenk begrëssen, dass dës Kéier de Projet a Virfeld, éier een en hei am Gemengerot soll stëmmen, an engem informelle Gemengerot virgestallt ginn ass. Ech mengen, dat ass haut scho gesot ginn. Mee wann ee kritiséiert, da muss een och kënne luewen. Sou konnt ee sech schonn e Bild maachen a Froe stellen an Diskussiounen iwwert eenzel Punkte ware méiglech. Membere aus der Verkéierskommissioun waren do och mat agebonnen. En plus war lo kierzlech nach eng Versammlung - d'Madamm Dall'Agnol huet et gesot - wou de Projet sou wéi en haut virläit, virgestallt ginn ass an och nach eng Kéier konnt beschwat ginn. Et ass esou, wéi et soll lafe bei Projekte vu sou enger Envergnie. Merci.

Et gëtt gesäit schonn alles zimmlech gutt duerchdu-echt aus an am groussen Ganze gefält eis dee Projet. Et gesäit op alle Fall besser aus wéi virun. Méi convivial an einfach méi schéin. Wat de Belag ugeet, sou kléngt dat villverspriedend, souwuel fir d'Ëmwelt wéi fir de Kaméidi. Flott, dass mer e Pilotprojet hunn hei zu Diddeleng, an dat ausprobéieren. D'Strooss gëtt méi schmuel, d'Trottoire gi méi breet. Och dat ass en Zeechen a sou sollt es sinn. Flott war et natierlech, wann déi ganz Strooss Tempo 30 war an net just en Deel. Ech gi lo weider net am Detail do drop an, wat mir eis wënschen. D'Foussgänger an d'Cycliste mussen sech den Trottoir deelen. Dat ass e bësse schued, mee dat hate mer erkläert kritt, dass et einfach net breet ge-nuch ass fir et optesch ze trennen.

Dat wäert am Ufank net sou evident ginn. Jidderee muss oppassen a Respekt hunn. Dat zielt fir déi zwou Säiten. An da wäert dat awer scho goen.

Ech schlësse mech awer och dem Virschlag vun der Madamm Ahmedova un, wat virun der Schoul ugeet. Effektiv, Kanner kommen eraus. Och wann et Tempo 30 ass, wier et flott, wann ee sech géif iwwerleeën, ob een net kéint iergend eppes maachen. Net onbedéngt e Gelänner, mee eppes anescht. Ee vun de Problemer am 1. Entwurf, dee konnt am informelle Gemengerot beschwat ginn, war d'Plaz vun der Bushaltestell - et ass schonn driwwer geschwat ginn - uewen an der Butschebuergerstrooss. Dat war eng länger Diskussioun, an do huet ee wierkelech gesinn, dass et gutt ass, wann et kann am Virfeld diskutéiert ginn. An da kann ee sech a Rou eng nei Variant iwwerleeën an et muss een dat net iwwert de Knéi brieche, oder eppes stëmmen oder net stëmmen, wat net ideal ass. Do ass lo eng ganz nei Léisung fonnt ginn, déi mer guer net envisagéiert haten deemools, an déi schéngt awer ganz gutt ze sinn. Dass de Bus elo do d'Rue Mont Saint-Jean eropfiert, dat kléngt gutt. D'Fro stellt sech just, mee ech denken, dass Dir dat gekuckt hutt, ob déi Bussen do kënne gutt no lénks an d'Rue Mont Saint-Jean ofbéien? Mais vu dass Der schonn dovun geschwat hutt, dass Der gekuckt hutt, dass deen aneren Arrêt méi héich läit, ginn ech dovun aus - et gesäit et bëssen enk aus - dass Dir awer och dodrunn geduecht hutt, dat ze kucken.

Eng kleng Fro just nach: Ass do e Bushaische virgesinn an der Rue Mont Saint-Jean oder just en Arrêt? Wei-

der Froen zousätzlech zu deenen, déi lo gestallt gi sinn, hunn ech net. Ech soe Merci fir d'Presentatioun an dee Projet kann ee matstëmmen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci Här Burgermeeschter, ech wollt just nach eng kleng Remark maachen zu de Finanzen, einfach och fir ze weisen, wéi schnell dat ka goe mat der Deierecht. Wann ech kucken, de Plan pluriannuel 2019-2020, do war fir dësse Projet 4,7 Milliounen virgesi ginn. Am PPF 2021 an och nach dëst Joer hu mer vu 5,8 Milliounen geschwat. Lo si mer bei 7,5 Milliounen. Dat ass jo awer e substantielle Sprong vum Februar, wou mer mat 5,8 Milliounen gerechent hunn, lo si mer bei 7,5 Milliounen. Do ass meng Fro: Wouropshin ass déi Deierecht zréckzeféieren? Sinn dat elo schonn d'Effekter déi mer hunn dass d'Material méi deier gëtt, an Index an TVA oder wat weess ech, oder ass do iergend en neie Moment komm?

Dann hunn ech awer och nach eng Fro zu deem Air Clean-Belag. Do si mer jo eng Pilotgemeng huet et geheescht. Kann een net och dofir vläicht e Subsid ufroen? Ech hu lo hei gesinn, mir hu lo hei just e Subsid fir d'Kanalisation virgesinn. A meng Fro: Vlächcht kann een do och europäesch eppes ufroen? Oder op jiddwer Fall eng Demande maachen? Eng Demande ass ëmmer mol gutt gemaach a virun allem och beim Ëmweltministère, well mer do jo awer e bëssen eng Virreiderroll hunn. Ech weess net, ob do nach eng Méiglechkeet ass. Virun allem interesséiert eis den extrem héijen Hoff vun de Previsiounsfräisen, a wa mer lo hei den definitiven Devis hunn, wéi dat méiglech war: Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Da géif ech d'Wuert weidergi fir déi technesch Voleten un eis Mataarbechter respektiv den Här Urbing an dann dee méi politeschen Deel.

MIKE URBING (ASSOCI-GÉRANT BEST): Also ech fänken elo mol u mat där Bushaltestell, déi ech elo hei op hunn. Et ass esou, den Zebrastreif ass ëmmer an der Mëtt tëschent zwou Bushaltestellen, dat ass d'Reegel, wéi déi sollen nei geplangt gi wa se reamenagéiert ginn. Parallel ass et elo och sou, dass all Bussen op der Strooss halen an net méi wéi et virdu war an enger Abuchung. Fir datt mer déi breetTrottoire kënnen hunn halen d'Bussen op der Strooss. An deem hei Fall ass dat och sou gemaach ginn. Wann hei elo e Bus steet, mee de Bus steet jo och nëmmen e puer Sekonnen. Den Auto hält jo och souwisou hannert dem Bus wann de Bus steet. Deen Auto, deem hei rausfiert, wäert dann och ee Moment waarde wann de Bus steet, sou wéi déi aner Autoen hannendrun och kuerz waarden.

Dat fonctionéiert d'selwecht. Mee d'Grënn sinn einfach d'Zebrastreife sinn dertëscht an d'Buchten hu mer ewechgelooss an d'Bussen halen dann op der Strooss an hënneren dann eeben och e bësse wa se halen. An et huet ee misse Plaz fanne fir déi Kasseler Bordüren, dat heescht déi héich Bordsteng, déi een haut muss maachen, wann een en neie Busarrêt amenagéiert. Déi kann ee jo net do maache wou Ausfaarten an Afaarte vun de Leit sinn. Da kann ech och nach direkt eppes soen zu de Parkplazen. 101 Parkplaze waren am Projet, et sinn

der lo nach 77 do. Firwat sinn et der manner? Et sinn der manner, well mer z.B. méi Beem am Projet hunn. Et sinn der och manner well mer eeben op béide Säiten déi breet Trottoiren hunn duerch dee Chemin mixte. Et sinn der och manner deelweis wéinst den Zebrastreife well mer déi gemaach hu mat enger Fahrfurt fir d'Vëloen. Dat heescht, déi sinn och méi breet ginn.

Da wéinst de Bushaltestellen, do ka jo dann och hannendru keng Parkplaz sinn, wou de Kasseler Bord kennt. An an deem Beräich wou Tempo 30 ass, wollt Ponts & Chaussées keng Parkplazen hunn. Dat heescht bei der Schoul, do si just Kiss-and-go, dat si keng normaler. Dat sinn eigentlech déi Grënn, firwat manner Parkplazen do sinn. Da war eng Fro zum Kanal: An der Haaptstrooss sinn iwwerall déi zwee, hei sinn och iwwerall déi zwee. An deem heite Beräich hu mer iwwerall Reewaasser- a Schmutzwaasserkanal, an deem Plang hei virdrun ass och iwwerall Reewaasser- a Schmutzwaasserkanal. Just an deem heite Beräich, do ass just ee Kanal, do ass keng Reewaasserachs. Dat heescht am gréissten Deel vum Projet ass awer eng Reewaasserachs virgesinn. An do war nach eng Fro, do wär en enken Trottoir. An deem do Beräich, do ass op der enkster Plaz den Trottoir awer 1,50 Meter breet. Souwisou, vun der Regel vu Ponts & Chaussées hir, ënner 1,50 Meter Trottoir geet guer net. Et ass just hei sou e ganz kleng Beräich, wou einfach net méi Plaz war, wou et 1,50 Meter ass, soss ass den Trottoir do éischter am Beräich 2 Meter. An deem enkste Beräich op enger minimaler Längt ass et do nëmmen 1,50 m.

Dann nach eng Fro iwwert den Trottoir traversant. Dat gesäit een hei am Detail. D'Bordür vun deem Trottoir traversant ass vun der Strooss aus op 0,5 cm, et et gëtt ugerand op 6 cm. Awer de Bordsteen ass ëmmer ugerand, sou dass och e Vëlo propper erof kennt. Et ass och sou geduecht, dass mer den Effekt hunn, wann en Auto ugefuer kennt, dass e wierklech op en Trëttoir kennt an dass d'Piétone prioritär sinn, an da fiert en déi aner Säit erëm erof. Also et ass vun 0,5 op 6 Zentimeter ugerand. An 20 cm Längt fir déi 6 cm, also net géi.

Da war och nach déi Fro mat de Gelänneren oder de Barrière virun der Schoul. Dat ass effektiv an de Fotoen net ze gesinn. Mir haten awer mat de Ponts & Chaussées driwwer geschwat, a si opposéieren sech net, fir do déi Barriären ze setzen. Dat heescht, déi Sécherheet, déi wëlle mer eis awer do ginn, dass déi erëm gesat ginn. Mir hunn d'Fotoen och net nei gemaach, doru läit et och. Et ware vill Froen, mir kucke mol, dass mer se alleguer beäntweren. Budget „Divers et imprévus“. Am Devis si jo 8 oder 7 Positiounen dran. Do ass jeeweils pro Kapitel ëmmer „Divers et imprévus“ dran. A bei der leschter Berechnung vum Projet hu mer och gekuckt, eis un déi lescht Marchéspräisser unzepasen. Den initialen Devis, dee mer ausgeschafft haten, dee war effektiv e gutt Stéck méi bëlle wéi dat, wat mer lo hunn. Mee déi Präisser, déi mer lo dran hunn, déi sinn ugepasst ginn op déi lescht Ausschreibungen an déi lescht Marchéen, déi mer un Duerchschnëttspräisser hunn.

D'Trennung Vëlo-Foussgänger. Leider hu mer just dee Gabarit zur Verfügung deen d'Strooss eis gëtt. Et wär den ideale Fall gewiescht. Mee mat 2,50 m Breet vum Trëttoir a béidsäiteg, do kréie mer keng Foussgänger-Vëlo-Trennung gemaach. A wa mer nach Parkplaze wëlle bäibehalen, dann ass dat wierklech de Maximum, wou mer do rauskréien, déi 2,50 m. Et war nach eng Fro mat de Subsiden, mam AirClean-Belag. Do kann ech net direkt drop äntweren, ob een do Subside kritt oder net. Den AirClean-Belag, dee gëtt souwisou vun der Ponts & Chaussées bezuelt. Dat heescht, wann ee Subside kritt, dann ass dat och d'Ponts & Chaussées, wou déi kritt.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Ma da beäntweren ech nach déi Froen zum ëffentlechen Transport, respektiv zu den Accèsen. Déi éischt Fro, déi ech hei gesinn, dat ass den Accès zu der Rue des Champs, der Feldstrooss. De Phasage ass sou gemaach, dass den Accès zu der Rue des Champs aus der Butschebuergerstrooss ëmmer ginn ass. Eng Kéier vun der Keelerstrooss kommend an eng Kéier vun der Närezengerstrooss kommend. Dat heescht, während dem Chantier missten da just eng Kéier d'Ofbéier eng Kéier no lénks an eng Kéier no riets geswitched ginn. Mee et ass awer sou, dass d'Rue des Champs ëmmer déi zwee Accése behält. Eng Kéier ee vun der Butschebuergerstrooss aus an eng Kéier ee vun der Lëtzebuergerstrooss aus. D'Haaptdeviatioun während dem Chantier fir de Verkéier geet iwwer d'Keelerstrooss an iwwert de Weierchen. An dass just nach d'Awunner kënnen op d'Butschebuergerstrooss ofbéien. Well wa mer deenen och nach den Accès verbidden, dann hu mer Problemer. Mee dass einfach net méi all Auto an all Camion do soll derduerch fueren, fir dass och d'Entrepreneure kënnen méi sécher schaffen, well och vill manner Trafic do ass. Dofir soll och dee groussen Trafic déi Deviatioun fueren. Ausser déi Phas, wa se wierklech an der Närezengerstrooss schaffen, respektiv wa se am Weierche schaffen, da geet et erëm duerch d'Butschebuergerstrooss, well dann ass se jo och do fäerdeg.

Da war jo d'Fro, dass d'Linn 5 duerch den Angeldall fiert. Mir hu gekuckt fir den ëffentlechen Transport sou laang wéi méiglech oprecht ze erhalen. A wa mer wierklech lo géife soen, mir loossen iech net duerch den Angeldall fueren, da gëtt de ganze Quartier Butschebuerger net méi mam Bus ugefuer. Da musse se bis an d'Keelerstrooss trëppelen, wa se wëllen den ëffentlechen Transport huelen an dat sinn awer Distanzen, déi net all Mënsch ka packen an da gräife se vläicht erëm op den Auto zréck. Dann hu mer léiwer de Kompromëss a mir fueren temporär duerch e Wunnquartier a mir kënnen de Leit nach ëmmer dee selwechte Confort ubidden vum ëffentlechen Transport, wéi wa mer lo kee méi hätte während 2 – 3 Joer.

Dann den Agank vun der Rue des Champs, mat der Breet, do war jo och eng Fro gestallt ginn. Do zitieren ech eng Kéier den Här Minister Bausch vun e Mëtwoch: „Et ass d'Fro, wat d'Leit éischter wëllen. Wëlle se éischter den Auto oder wëlle se léiwer d'Liewensqualität.“ Ech mengen do weess jiddwereen d'Äntwert selwer drop. An dofir, wat mer den Accès méi schwéier maachen zou de Wunnstroossen, wat och vill manner

Auto wäerten derduerch fueren. D'Rue des Champs, déi soll net als Schläichverkéierswee benotzt ginn, mee dee soll op den Haaptachse bleiwen. An dofir ass och den Accès sou gewielt ginn dass een net méi d'Tendenz huet, do derduerch ze fueren, wann e bësse Verkéier an der Butschebuergerstrooss ass.

An dann nach zum Bushaischen. Mir wäerten och an d'Rue Mont Saint-Jean e Bushaische setzen tëschent déi zwee Busarrëten, dass een déi och ka bedéngen. Dass en net do am Ree steet, wann et eng Kéier reent an och en Ënnerdaach huet, fir sech kënnen dohin ze stellen an op de Bus ze waarden. Deen am Angeldall, dee gëtt awer recuperéiert an dee gëtt dann op déi aner Plaz gesat, wou en elo um Plang drop ass. Do ass och schonn eng Plaz virgesinn. Si soss nach iergendwou Froen opstoe bliwwen, déi mer net beäntwert hunn?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt just eng Kéier preziséieren, ech hunn näischt dogéint, dass de Bus duerch den Angeldall fiert, ech wollt just kloer confirméiert hunn dass et sech wierklech ëm d'ganz Dauer vum Projet handelt – a wann ech meng Graphiquen do richteg interpretéiert hunn – minus 5 Méint, wou en net derduerch fiert. Dat heescht, et kann ee sech awer drop astellen dass dee Bus 2 ½ Joer laang duerch den Angeldall fiert. Dat wollt ech just kloer gesot hunn.

MIKE URBING (ASSOCI-GÉRANT BEST): Jo, dat kann ech da confirméieren. Déi Zäit fiert de Bus dann duerch den Angeldall, wou en do an de Phase virgesinn ass.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech muss d'Euphorie, déi de Mëtwoch opkomm ass, wou den Här Minister Bausch hei war, vläicht hei e bësse bremsen a vläicht déi Ausso och e bësse relativéieren, déi och vum Här Gangler hei opgegraff ginn ass. Dir wësst datt d'Gesetz vun 1955, dat d'„Circulation sur toutes les voies publiques“ reegelt, dat leet d'Kompetenz vun dem Verkéiersreglement innerhalb vun den Uertschaften an d'Hänn vum Gemengerot. Also fir déi definitiv Verkéiersreglementer. D'Gemengegesetz gesäit fir, datt all Reglement, wat vum Gemengerot geholl gëtt, duerch den Interieur kontrolléiert gëtt. A wann et dann e Verkéiersreglement ass, vun deene mer da schwätzen, oder vun deenen de Minister geschwat huet, dat geet dat fir d'éischt an d'Sekretariat vun der staatlecher Verkéierskommissioun, an déi mécht dann dem Transportminister en Avis. Positiv oder eeben negativ.

Bei enger positiver Bewäertung gëtt dat Reglement da vum Transportminister an duerno vum Interieur geneemegt. Wann et negativ ass, de Contraire natierlech. Fir d'Prozedur an och d'Waardezäiten ze verkierze soll ee bei der staatlecher Verkéierskommissioun och ëmmer e Preavis ufroen. Wann deen negativ ass, da géif nämlech och duerno dat entspreichend Reglement, dat mer hei géife stëmmen, da géif dat net approvéiert ginn. Doduerch datt een dann dee Preavis freet, gewënnt een natierlech Zäit, et kann een d'Reglement eventuell nach upassen, wann et nëmmen eng Klengegkeet ass, an da gëtt et herno och sécher vun de respektive Ministeren approvéiert an d'Reglementer mussen dann och net méi zweemol oder dräimol duerch de Gemengerot. Bei méi groussen Projeten, do ass déi

staatlech Verkéierskommissioun natierlech frou, wann ee fir déi komplex Dossieren – dat war bei eis z.B. fir dat generell neit Verkéiersreglement, de Parking residentiell oder och Vitesse-Ännerungen. Wann do en Avis préalable ugefrot gëtt, da kënnen se an aller Rou déi Dossieren kucken an och Recommandatiounen ausschwatze fir déi Reglementer eventuell ze änneren an och keen negativen Avis herno mussen ze schreiwen. Fir all all definitivt an temporäert Reglement vu méi wéi 72 Stonnen op enger Route nationale, do muss dee Preavis och gefrot ginn, an do schreift dann och d'Ponts & Chaussées den Avis.

An da ginn et nach sou Ligne directrice vum der staatlecher Verkéierskommissioun, déi heesche „Lignes directrices à appliquer pour fixer les vitesses maximales autorisées“. Dat ass en Dokument vum der staatlecher Verkéierskommissioun. An do steet direkt op der Säit 3, an ech zitieren: „C'est pourquoi il faut, de l'avis de la Commission de la circulation de l'Etat, dès à présent créer les préalables nécessaires à la réalisation de ces deux conditions en définition sur base de la répartition actuelle des compétences légales en matière de réglementation et de gestion routière la façon de gérer désormais les dossiers de limitation réglementaire de la vitesse.“

Parallèlement une réorientation de la politique de surveillance de la circulation routière sera de mise pour donner au contrôle de la vitesse la régularité souhaitée et une application assurant en tout temps une couverture intégrale du réseau routier national.“ Enn vum Zitat. Dat ass d'Prozedur hei zu Lëtzebuerg, wann een e Verkéiersreglement stëmmt a wann een et och wëllt vun deenen zwee Ministèren approvéeiert kréien. Ech weess net, ob den Här Bausch dat doten net sou am Kapp hat. Mee op alle Fall déi Ausso, wou hien hei e Mëttwoch getätegt huet, dat ass net déi, wéi et gemengerhand muss gehandhaabt ginn. Dofir wollt ech d'Euphorie einfach e bësse bremsen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Claudia fir déi Kloeerstellung a Richtegstellung an deem Sënn. De Pit hat d'Fro nach eng Kéier opgeworf, ob alles beäntwert ginn ass um techneschen Niveau? Ech wëll dat hei nach eng Kéier widderhuelen. Sinn Är Froen all zefriddestellend beäntwert ginn? Da géif ech proposéieren, dass mer op de Buergermeeschter fir de Vott géinge waarden, bezéiungsweis dem Här Gangler nach eng Kéier d'Wuert ginn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech hätt nach eng Zousatzfro, fir et ganz kloerzestellen. Et ass jo da kloer gestallt dass d'Awunner vun der Butschebuergerstrooss nach dierfe während dem Projet eraufueren an déi aner net. Wéi ass et elo mat Awunner vun der Feldstrooss oder Awunner vum Angeldall? Mussen d'Awunner vum Angeldall dann elo d'Keelerstrooss erop, dann duerch de Weierche rof an dann an den Angeldall vun uewen erakommen an och do erëm eraus? An enger Stad, déi sech nennt Diddeleng, d'Stad vun de kuerze Weeër, géif ech dat elo net interessant fannen. Oder dierf een dann d'Leit vum Angeldall oder vum ieweschten Deel vun der Butschebuergerstrooss och ugesi ginn als Awunner vun der Butschebuergerstrooss, déi dann awer vläicht

dierften do derduerch fueren, och wann offiziell gespaart ass? Merci.

MIKE URBING (ASSOCI-GÉRANT BEST): Also d'Awunner vum Angeldall, Rue des Champs, si grad sou gutt Awunner vum Quartier Butschebuerger wéi d'Leit aus der Butschebuergerstrooss. Dat heescht, déi dierfen och do dann duerch d'Butschebuergerstrooss eraufueren. Ech mengen et ass onnëtz, si eng Deviatoun fueren ze loosse, just fir... Et geet einfach nëmmen drëm, fir den Transitverkéier aus der Butschebuergerstrooss erauszekréien. Dofir rektifizéieren ech nach eng Kéier meng Ausso vu virun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nach weider Froen a Remarken? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer op de Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deem Devis estimatif vu 7,5 Milliounen averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech villmools Merci. Da soen ech och dem Här Da Silva, dem Här Demuth an dem Här Urbing Merci fir hir Presenz an och fir hir Erklärungen.

3.4. Approbatioun vum Relevé a Rôle supplémentaire vun der Hondstax fir den Exercice 2021

3.5. Approbatioun vum Relevé a Rôle supplémentaire vun der Hondstax fir den Exercice 2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass d'Hondstax. Ech huelen déi zwee zesummen, de Punkt 3.4. an de Punkt 3.5. Dat anert ass fir d'Joer 2021, do hu mer um Rôle supplémentaire, de Relevé weist do 4.515.- Euro aus, dat sinn dann en Zousatz vun 129 Hënn, sou dass mer am Joer 2021 op en Total komme vu 1405 Hënn, déi hei zu Diddeleng enregistreiert sinn. An um Rôle principal vum Joer 2020, do ass dann de Supplémentif nach net dobäi, dee kënnt jo dann no. Dat ass eng Taxenhéicht um Relevé vu 46.305.- an dat sinn dann 1.323 Hënn, déi offiziell enregistreiert sinn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Wann ech just eng kleng Bemierkung dierft maache – pour la petite histoire – wéi mer dat do am Comité beschwat hu virum Gemengerot, du huet d'Madamm Kayser gemengt: „Dann hu mer jo zu Diddeleng méi Hënn wéi Schoukanner.“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Soss keng Remarken? Kënnen mer dann iwwert déi zwee zesumme vläicht ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? 3.4. fir d'Joer 2021 de Rôle supplémentaire an den éischte Rôle fir 2022. Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.6. Approbatioun vun engem Pachtvertrag mat dem Här Francisco Rodrigues Da Silva a senger Fra, der Madamm Soledade Maria Pacheco Martins

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer op den nächste Punkt iwwer: Dat ass e Contrat de fermage, dee mer hei maache vum 1. Februar 2022 tëschent der Gemeng, mir si jo Proprietär, vun enger Parzell. A mir maachen de Contrat de fermage mat dem Här Da Silva a mat der Madamm Martins. An dee Contrat de fermage ass am Fong fir e Joer, vum 1. Abrëll 2022 bis den 31. Mäerz 2023. Natierlech loosse mir eis och d'Recht, eng Resiliatioun ze maachen. Mir hu jo deen doten Terrain virun e puer Joer iwwer d'Virkaufsrecht kritt an déi Leit sinn do Locataire gewiescht, well se och do Terrain deelweis notzen, a mat hinnen och dee Contrat de fermage, vu dass de Proprietär geännert huet, weiderféieren. An de Contrat de fermage gouf dann och ënnerschriwwen vu béide Säiten. Dat zu der Erklärung.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci. Am Hierscht 2019 huet d'Gemeng den Terrain, ëm deen et hei geet fir 200.000.- Euro kaaft. E lounge deemools zum Deel an enger „Zone différenciée d'habitation“ an zum Deel an der „Zone agricole“. Am neie PAG ass den Terrain zum groussen Deel an enger Zon HAB1 wann ech dat richteg gesinn hunn, Dir kënnt mech gärer verbessern. Dësen Terrain ass kaaft gi fir abordabel Wunnengen ze bauen. Et misst e PAP gemaach gi mat a Kraaft triede vum neie PAG war dat e PAP Nouveau quartier. Den neie PAG wäert an 3 bis 4 Méint definitiv a Kraaft sinn. Dat hänkt jo vun de Reklamatiounen of, déi nach un d'Verwaltungsgericht ginn. Lo gëtt deen Terrain nach eemol fir ee Joer verpacht mat enger Reconduction tacite wann de Kontrakt net gekënnegt gëtt. Eis Fro ass: Gëtt et schonn e Plang zu engem PAP, deen ze maache wär? Gëtt et scho konkret Iwwerleeungen, wat a wéi do kéint gebaut ginn? Mir begreifen et, dass den Terrain deemools kaaft ginn ass. Mee lo gehéiert en der Gemeng schonn iwwer 3 Joer an et hätt op d'mannst scho kënne geplangt ginn. Et kann een novelléieren, dass op den neie PAG gewaart ginn ass. Mee säit dem 1. Vott am Oktober ass jo awer schonn eng Zäitchen ëm an et kéint sou lues Neel mat Käpp gemaach ginn.

Ech hunn dann och eng Fro zu dem Hall, deen am Kontrakt steet. Do ass jo awer eng Geneemegung ugefrot gi fir deen ofzerappen, wann ech dat richteg gesinn hunn? Wéini soll dat gemaach ginn oder handelt et sech do net ëm dee selwechte Schapp, deen am Kontrakt steet? Mee sou laang, wéi d'Gemeng keng Aarbechten op deem Terrain ufänkt ass et awer an der Rei dass dee bis dohinner verpacht gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Madamm Erpelding. Nach weider Remarken? Dat ass net de Fall. Da géif ech mol op déi zweet Remark agoe wat den Hall ugeet, respektiv de Schapp, dass en Deel vum Schapp huet missen ofgerappt ginn, well deen net méi de Sécherheetsnormen entsprach huet. Dat heescht, et ass een Deel bliwwen an een Deel ass ofgerappt ginn. Mir haten dat mat de Locataire an eise Servicer zesumme gekuckt. An deen Deel ass ofgerappt gi well mer als Proprietär vum Terrain jo och eng ge-

wësse Responsabilitéit hunn. Mir hunn dat och mat de Locataire beschwat, dunn ass dat och iwwert dee Wee berengegt ginn. Dat wat do steet ass net baufällig. De baufälligen Deel ass ewechgerappt ginn. Dat par rapport dozou.

Dann, par rapport zu deem éischten Deel, do deelen ech d'Aschätzung net ganz. Et ass richteg, dass mer dat dote kaaft hu fir och kënne Wunnengsbau ze maachen. Mee dat ass jo net deen eenzegen Terrain. Wann Der déi ganz Diskussioun suivéiert hutt, da wësst Der, dass op deem ganzen Areal, mee net nëmmen op deem doten Areal wou d'Gemeng Proprietär ass a wou nach eng ganz Rei aner Proprietäre sinn, e Schema directeur läit, fir op deem ganzen Deel e PAP ze maachen. Dofir, wann een dat heite wëll entwéckelen, a Phasen, da mussen och d'Proprietäre matzéien, fir deen dote PAP ëmzesetzen. Hei ass d'Gemeng jo net eleng an der Ëmsetzung vum Schema directeur a vum PAP. An den neie PAG, dee weist dat jo och sou aus a sengem Schema directeur am Nouveau Quartier Henri Dunant an och an der Menkeswiss, well et ass ëm deen, wou et hei geet. Dat heescht, hei muss eng Demarche commune gemaach ginn.

A wéi bei all Projet ginn et Proprietären, déi éischter interesséiert sinn, fir an déi dote Richtung ze goen, an anerer maner. Dat heescht, wann een dat dote wëll weider entwéckelen, et ass richteg, dass et an enger HAB1 ass, an engem différencié – well am Moment ka jo net direkt gebaut ginn – da mussen och déi ganz Prozedure gemaach gi fir dat ze maachen. Deem hu mer Rechnung gedroen am Kader vum neie PAG. An eng nächste Demarche kann natierlech och sinn, d'Proprietären ze mobiliséieren, an de Projet mat eranzeklammen, vu dass de Schema directeur méi wäit geet, wéi nëmmen déi Parzell, wou d'Gemeng hei Proprietär ass. Dat zu deenen doten Erklärungen.

Weider Froen, Remarken? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer iwwert deen dote Contrat de fermage ofstëmme. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.7. Approbatioun vun engem Acte de cession gratuite mat der Madamm Emille Camilla Theves

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass den Acte de cession gratuite an der 77, Rue Grand-Duc Adolphe mat der Madamm Theves, déi do op der Nummer 77 wunnt, hei vertrueden duerch d'Madamm Richard, déi eng Procuratioun kritt huet an der Stad Diddeleng.

Hei gëtt eng Cession gratuite gemaach vun 2 Parzellen: 5 Zentiar, 18 Zentiar fir se z'intégréieren an den Domaine public communal. Dee Projet hate mer jo hei am Gemengerot gestëmmt, et geet drëms, dee Mur de soutènement ze maachen an der Spidolstrooss a fir och kënnen dee Volet an der Spidolstrooss uewe wou d'Parkinge sinn, ze festegen. Déi Aarbechte si fäerdeg, do gouf dee Mur de soutènement och gemaach. Dofir ass et och wichteg, hei och deen Deel vun der Madamm Theves mat an d'Cession gratuite eranzehuele fir dass d'Gemeng och Proprietär ka ginn, well et och deelweis op enger privater Parzell gemaach gouf. An déi gratis Zessioun gëtt gemaach fir wa mer missten intervenéieren, dass mer op déi Mauer kënnen zrëckgräifen.

Dat sinn d'Erklärungen dozou. Ass de Gemengerot mat där dote Cession gratuite averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech villmools Merci.

3.9. Approbatioun vun engem Acte de vente mat „IBEX PROMOTION s.à.r.l.“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da ginn ech op deen nächste Punkt iwwer, dat ass en Acte de vente mat „IBEX PROMOTION s.à.r.l.“, hei vertrueden duerch den Här Bey an den Här Texeira. Hei geet et ëm eng Place voirie, 36 Zentiar, an dat hu mer virum Maître Goedert gemaach. Hei de Präis vun 252.- Euro. An och hei ass et Utilité publique. Dat heescht och hei kënnt dat Stéck an den Domaine public communal eran. Ech mengen Dir hutt och an Ärem Dossier dobäileien, ëm wat et geet. Wat hei par Rapport zu deenen aneren Akten dobäikënnt, mee dat ass Standard, dat ass, well mer et hei mat enger s.à.r.l. ze dinn hunn, dass do och d'Deklaratioun Anti-blanchiment dran ass. An ech mengen, dass dat net onwichtig ass. Dat zu där doter Vente, déi mer maachen. Ech hat nach vergiess ze preziséieren, dass et an der Rue Sainte-Barbe ass.

Ginn et Froen, Remarken dozou? Dat ass net de Fall. Kënne mer dann doriwwer ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.10. Approbatioun vu siwen Actes de vente mat der Firma „WP Promotions s.à.r.l.“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer zu der Approbatioun vu sechs Acte de vente. Also 6 + 1 – ech war nach net fäerdeg. Well engersäits jo d'Acquisitioun gemaach gëtt vu 6 Parzelle fir abordable Wunnraum an der Rue Nic Bodry. Dat si dann déi 6 Parzellen, respektiv d'Acquisitioun vun enger Parzell, wou mer och bei WP Promotions maachen, an do geet et virun allem ëm d'Amenagement bei der Naturspillplaz bei der Maison Relais Ribeschpont. Mir hate jo och schonn an engem viregte Gemengerot d'Devisé gestëmmt zu deenen dote Projeten. Ech ginn elo eng Kéier kuerz op déi verschidden Akten an. Ech huelen se och zesummen, well et jo all Kéier dee selwechten Objet ass. Et ass d'Acquisitioun déi mer maache bei WP Promotions vun der éischter Parzell vun 3,39 Ar an dat zum Präis vu 492.400.- Euro. Déi zweet Parzell ass 255.660.-Euro, dat sinn 1,76 Ar, déi drëtt Parzell ass 390.754.- Euro, dat sinn 2,69 Ar. An dann déi véiert Parzell sinn 390.754.-, dat sinn 2,69 Ar. Dann déi fënneft Parzell 255.660.- Euro, dat sinn 1,76 Ar. An dann déi sechst Parzell, dat si 544.732.- Euro, dat sinn 3,75 Ar.

Dat ass eng global Zomm vun 2.329.960.- Euro fir déi Acquisitioun déi mer hei maache vun deenen doten Terrainen. Déi Terraine kréie mer jo och vum Logementsministère subventionéiert, well mer jo an der Nic Bodry-Strooss véier Maison unifamiliale baue loosse mat engem Logement intégré. Respektiv zwou Maison bifamilialen. A soubal wéi dann och de PAG en vigueur ass, kënnen mer dann och hei am Gemengerot Akt kënnen huele fir de Kaf vun deene Wunnengen. Dat wäert dann éischter Vente en futur état d'achèvement sinn. Mir kënnen dat och réischt nom Akraafttriede vum PAG maachen, well mer jo och de Volet „Logement intégré“ hunn. Dat ass jo en neie Moment am Kader vun eisem PAG, wou dann och dat a Kraaft trëtt a mir dann och deementspreechend sou baue kënnen. Dat wäert dann déi nächst Etapp sinn no där Etapp, déi mer haut hei am Gemengerot huelen.

Haut geet et drëm, d'Acquisitioun ze maache vun deenen dote sechs Terrainen, déi mer vum Logementsministère subventionéiert kréien. D'Constructioun vu Logementer gëtt jo och subventionéiert vum Logementsministère. Mir kréien also do am ganzen 12 Unitéiten, wann een de Logement intégré mat consideréiert. Dat also fir hei Logement abordable ze kréieren. Dat sinn déi 6 Parzellen, respektiv déi 6 Akten. An dann dee siwenten Akt, do geet et ëm eng Parzell vun 8 Ar an 69 Zentiar an der Héicht vun 1.077.560.- Euro. An och dat maache mer fir d'Utilité publique. Dat ass da fir d'Aire de jeux naturelle, fir déi Spillplaz do kënnen ze amenagéieren. Natierlech gëtt déi awer vum Logementsministère net subventionéiert, well et eeben eng Spillplaz ass. Mee et ass awer och wichteg, fir d'Kanner aus der Ribeschponter Schoul, respektiv och fir d'Kanner aus der Maison Relais do, dass déi och do eng zousätzlech Spillplaz kréie par Rapport zu deene besteeënden. Dat sinn d'Erklärungen zu deene siwen Akten, déi mer hei virleien hunn. 6 fir Logement abordable an 1 fir d'Aire de jeux naturelle. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech mengen Dir wësst, dass och vun der CSV ëmmer gefuerdert ginn ass, dass mer sollen an de Logement social investéieren. Dat hei ass e grouesse Schrëtt. A wat ech och ganz flott fannen, et ass an engem Quartier, dee scho ganz beliebt ass. Dat heescht, et ass och eng gutt Integratioun vu Leit, déi vläicht awer e bësse méi nécessaires sinn an op dës Aart a Weis e Logement kréien. Woubäi ee lo muss soen, „nécessaires“ dat kann ee vill méi wäit zéie wéi nach virun 10 Joer. Déi Leit, déi virun 10 Joer un eis erugetruedesi fir e Logement abordabel ze kréien, dat war eng aner „Schicht“ kann ee scho bal soen, wéi elo. Lo geet dat wäit an d'Mëttelschicht eran. Just dat als kleng Parenthèse. Mir sti ganz hannert dësem Achat. Mir hunn ëmmer gesot, mir mussen Terraine kafen, mir mussen bauen. A mir fannen dat heiten eng ganz gutt Saach. Selbstverständlech fanne mer et och ganz wichteg, dass eng flott Spillplaz soll integréiert gi bei der Maison Relais. Do sinn och ganz vill Kanner, déi do an d'Schoul ginn. An déi Plazen, déi gi jo och genotzt. Dat hu mer gesi bei där flotter Spillplaz, déi mer scho beim Ribeschpout hunn. Déi ginn och genotzt ausserhalb vun der Schoulzäiten, och de Weekend asw. An dofir si mir ganz averstane mat dësen Decisiounen, a mir wäerten dës Punkt natierlech och matstëmmen. Merci.

SEIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Natierlech begrësse mir och dës Projet a mir ënnersëtzen lech ganz dobäi. Mir haten och eng Stellungnam d'lescht Joer geholl. Dofir wäert ech mech elo net nach eng Kéier widerhuelen. Wichteg hei ze betounen ass, dass mer vu Logement abordabel schwätzen. An domadder huet am Fong 70% vun eiser Gesellschaft d'Recht, do eng Demande unzefroen an och eligibel ze si fir eng Wunneng ze kréien. Dat heescht, mir hunn do wierklech eng large Panoplie vu Leit, déi kënnen do eng Wunneng kréien. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Als éischt wëll ech mech do uschléissen. Mir kënnen et nëmme begrëssen, dass d'Gemeng Terrain keeft, fir Wunnraum ze schafen. Mir wëssen all, dass et allgemeng u Wunnraum feelt, besonnesch u bezuelbarem Wunnraum, an et ass och ze begrëssen, dass et soll Locatiounswunnenge ginn. Ech gebrauchen net gären den Ausdrock „Sozialwunneng“, well wat ass schonn eng Sozialwunneng? Nieft dem Staat sinn och d'Gemenge gefuerdert, sech intensiv ëm de Wunnraum ze këmmen an es ze schafen. Mir fannen et och gutt, dass am Akt scho festgehalen ass, dass et Utilité publique ass a Logements sociaux a locatif dodranner steet, ausser elo natierlech bei der Spillplaz. Mir hunn nach e puer Froen dozou. Gëtt et scho konkret Pläng wat soll genee gebaut ginn? Ass scho gewosst, wien de Bauhär ass? Déi Lenk géif et begrëssen, wann d'Gemeng dat selwer an d'Hand géif huelen, wann net scho gewosst ass, mat wéi engem Acteur zesummege schafft gëtt. Mir hoffe jo net, dass et e private Promoteur ass. Gëtt et schonn eventuell en Zäitplang? Ech weess, et ass nach e bësse fréi vläicht.

Dann eng Fro awer zu der Originn vun den Terrainen. Also wou de Verkeefer drukomm ass. Do liese mer aus den Akten dass déi 7 Terraine réischt 2018, respektiv

2019 kaaft gi si vun zwou Persounen. A mir stellen eis einfach d'Fro, firwat d'Gemeng deemools net schonn intervenéiert ass? War se net au courant, dass déi Terraine géife verkaaft ginn? Firwat net? Huet de Droit de préemption net gegräff? Well ech denke jo awer dass WP Promotions lo awer bestëmmt net näischt dorobber verdéngt, wa se se elo rëm verkafen. Se verkafe se bestëmmt net zum selwechte Präis. Dat géif mech op alle Fall wonneren. Da just eng Bemierkung zum Terrain vun der Spillplaz. Ech hunn d'Präisser verglach, a si leien alleguerter pro Ar beim selwechte, also plus minus. Ech huelen un, et ass herno einfach opgeronnt ginn, fir e ronne Präis ze hunn: 145.260.- Euro. Dee vun der Spillplaz, deen ass e bësselche méi bëlleger: 124.000.- Euro den Ar. Gëtt et dofir e Grond? Also ech wëll net falsch verstane ginn, ech wëll net, dass deen och sou deier wär wéi déi aner, mee ech wëllt dass se all méi bëlleger wäeren. Ech mengen, dat géinge mer eis all wënschen. Lo muss ech zwar soen, eng Spillplaz, déi ass néideg, do gëtt et guer keng Diskussioun. D'Kanner déi brauchen Plaz. 1.077.000.- Euro fir eng Spillplaz sinn awer scho ganz vill Suen. Do komme jo och nach Saachen dropstoen. Dat ass awer schonn een immense Montant. Mee soss allgemeng kënnen mir dat natierlech begrëssen. All Invest a Wunnraum ass e gudden Invest. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech hu keng Froen, et ass éischter e kleng Statement zu deem, wat hei geschwat ginn ass. Mir haten d'lescht Joer am Februar 2021 schonn explizit iwwert dës soziale Wunnengsbauprojet geschwat an d'Kreditter fir de Kaf vun den Terrainen a vum Bau gestëmmt. Dat hei ass elo eng weider Etapp. An zwar si mer vun elo u Proprietär vun dësen Terrainen, vun de Bauterrainen, mee awer och vun deem Terrain do fir d'Spillplaz, déi mer iwwregens schonn d'leschte Kéier hei am Gemengerot verabschit hunn, dat heescht, de Plang ass do scho fäerdeg. Well d'Pläng dem neie PAG Rechnung droen a beispillsweis de Logement intégré nach net am ale PAG virgesinn ass, mussen mer also waarde bis eise PAG vum Ministère de l'Intérieur approuvéiert ass. Dat kéint jo dann de Fall an zwee bis dräi Méint sinn. Da réischt kënnen d'Pläng autoriséiert ginn, wouropshin den Notaire d'Acte de vente en état de futur achèvement kann erstellen. An da kann et effektiv mam Bau lassgoen.

Dës Projet ass erëm e wichtige Projet, an e schreift sech och an an deem konsequenten Invest vun dëser Majoritéit a sozial Wunnengen, Haiser an Terrainen. Sou sti mer och kuerz virun der Fäerdegstellung vum Projet 39, Rue du Commerce, mat 2 Appartementen an 10 Zëmmeren. De Projet Lenkeschlei mat 5 Eefamilljenhaiser wäert dës Joer nach un d'Netz goen, de Projet Bodry fänkt dann un. Den neie Projet an der aler Eecherdaller Schoul ass an der Planung. D'Aarbechte vum Lotissement A Bëlleg hunn ugefaangen. Do ginn et jo och nach eng Kéier eng 17 Wunnengen. Mir gesinn also dass d'Diddelenger Gemeng, d'Gemengeféierung hei net schléift a permanent op der Recherche ass fir deem Problem, dee mer alleguerter hei ugeschwat hunn an dee mer kennen, dee vum abordabele Wunnengsraum, dass mer do wierklech aktiv sinn als Gemeng. Dat ass wierklech ze begrëssen an ech denken, dass net hannert all deenen Ukënnungen, respektiv Chantieren, respektiv Saachen, déi scho geplangt sinn, dass et do

dertëschent och nach deen een oder anere Projet wäert ginn. Duerch de Pacte Logement huet d'Gemeng jo ëmmerhin lo d'Recht, vun de Promoteuren 10 -20% Sozialwunnengen ze verlaangen.

Dofir also wäert et warscheinlech net bei deenen heite Projekte bleiwen. Wéi gesot, iwwert de soziale Wunnengsbau kann een ëmmer eng breetgefächert Diskussioun féieren. Mir hunn déi schonn hei gefouert, mir wëssen, dass déi ëmmer erëm op deem selwechte Punkt endegt, et sinn net genuch Wunnengen do. Mir kënnen se awer och net aus dem Stee klappen. D'Diddeleger Gemeng ass jo net déi eenzeg Gemeng, déi en Effort mécht. De Staat mécht Efforten. Mee wa mer lo virgëschter héieren hu wéi de Planning ass vun deem Projet NeiSchmelz zum Beispill, dann dauert et jo awer nach e puer Joer, bis mer hei déi éischten Haiser wäerte kënnen fräiginn. Dofir, wann een d'Präisser mol gesinn huet... De STATEC huet gëschter seng Kommunikatioun gemaach iwwert de Logement vun 2021. An och do geet et erëm schnurstracks weider mat den Haussen. Zwar e bësse méi moderat. Dat heescht, 2021 hate mer eng Hausse vu 14,5%. A beim Kaf a vun der Vente vun Appartementer an Haiser, do si mer dann op 14%. An dann nach eng Kéier 14% erëm dobäi. An dann, wéi mer virdru geschwat haten, déi Präisser, wou mer d'lescht Joer gesot hunn, och schonn 140.000.- /145.000.- Euro den Ar an dann eng Kéier 124.000.- Euro.

Ech kann lech just soen, dass dat mëttlerweil schonn erëm gewuess ass, a ganz kräfteg. Je nodeem, wat ee kann drop bauen, bei Haiser vläicht e bësse manner, mee bei Bi-Familialen z.B. do ass de Präis schonn erëm kräfteg an d'Luucht gaangen, wat d'Promoteuren dofir ginn. Dat ass eng Spiral an där mer sinn an ech denken net, dass mer an den nächste Jore wäerten erauskommen. A wann een dann nach drun denkt dass säit 2020 de Problem komm ass mat der Hausse op de Baumaterialien, dat sech och net erkrift. Am Géigendeel. All Dag gëtt ee Secteur méi betraff. Duerch d'Kris gëtt dat Ganzt nach ugeheizt. Mir hunn elo an der Ukrain déi Kris. Och do kënnt eng Matière première eraus, de Kaolin, dee gebraucht gëtt fir d'Plätterchersindustrie. Och do gesi mer lo wéi déi Spiral weidergeet. Do komme mer och schonn op Präisser vu Saachen, wou een am Fong ni dru geduecht huet. An dofir: Il y a du pain sur la planche. Mir musse probéieren ze hëllefen, sou gutt wéi mer kënnen. Eis Fraktioun steet natierlech selbstverständlech, wéi déi aner och, hannert deem Projet, dee mer hei hunn. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Zuang. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech op alle Fall all de Riednerinnen a Riedner Merci soe fir hir Stellungnam an och dass se dëse Projet, respektiv dës Acte de venten en vue vu Logement abordable begrëssen. Et ass richtig, am Akt steet „Logement social“. Ech mengen och dass bei den Notairen och eng aner Konnotatioun nach ass. Dat muss och säi Wee goen, dass mer hei en Invest maachen an de Logement abordable, wou jo och an nächste Zukunft méi prezis definéiert gëtt, wat Logement abordable ass, mat komplett neie Bestëmmungen. Par Rapport zu de Froen, Remarken, déi gemaach goufen,

notamment vun der Madamm Erpelding. D'Ëmsetzung vun deem heite Projet fir abordable Wunnraum gëtt mat engem Private gemaach. Mir haten och schonn deemools, wou mer hei d'Devis gestëmmt hunn, scho graff Pläng virleien am Gemengerot, wéi déi Wunnenge kéinten ausgesinn. An ech menge mir sollten déi Diskussioun net sou ideologesch gesinn. An all Diskussioun déi gefouert gëtt ronderëm abordable Wunnraum soll natierlech déi ëffentlech Hand abordable Wunnraum baue kënnen, awer och déi privat Hand. An awer och déi privat Hand zesumme mat der ëffentlecher Hand.

Dofir sinn ech hei net onbedéngt dofir, dass een hei en ideologeschen Discours féiert. Well hei ass eng Prise de conscience, an eng gemeinsam Responsabilitéit, fir zesummen abordable Wunnraum ze schafen. An et huet souguer e Virdeel. Wa mer mat WP Promotions dat heite baue loossen, dat ass Wiesen Piront, deen dat heite baut. Well wann de PAG bis a Kraaft ass a wa mir dat heiten als Vente en futur état d'achèvement an de Gemengerot huelen, da kënnen mer am Hierscht lassleeë mam Bau. Wa mer als Gemeng op de Wee géingen, selwer Bauhär ze ginn, da misste mer Ausschreiwunge maachen. Da géife mer réischt 2023 ukomme mat dee-ne ganze Prozeduren. A mir wëssen, wéi d'Situatioun vum Wunnengsmarché hei zu Lëtzebuerg ass. Den Här Zuang ass jo nach méi am Detail drop agaangen. An dann ass et och gutt, dass mer hei kënnen am Hierscht 2022 lassleeën an nawell och déi Subside vum Ministère de Logement kréie fir abordable Wunnraum kënnen ze maachen. Also et verschléisst eis hei absolut guer net fir mat engem privaten Acteur Hand an Hand zesumme fir abordable Wunnraum hei zu Diddeleng ze suergen. An et ass jo och net déi éischte Kéier, wou mir dat maachen, mir hunn et jo och op der Lenkeschlei gemaach an och mat ganz vill Succès. Dat mol par rapport zu der Approche vum Bau.

Dann de Volet vum Parcellaire. Et ass richtig, dass den Originalpropriétaire dat hei verkaf huet an d'Gemeng d'Virkaufsrecht net gezunn huet, well am Fong och do schonn d'Diskussioun ware mam aktuelle Promoteur. Dat heescht, dee Parcellaire, deen deemools zum Verkaf war, de war vill méi kleng wéi dat, wat me elo hunn. Well hei sinn nach Terraine bäikaft gi vum Promoteur. Wat mat sech bruecht huet, dass en neie Parcellaire entstanen ass, wat mat sech bruecht huet, dass mer méi Unitéite kënnen baue wéi beim initiale Projet, wa mer d'Virkaufsrecht hätte spille loossen. Mir waren do awer proaktiv mam Promoteur, mat WP Promotions zesummen. Wat engersäits erméiglecht huet, en neit Morcellement vum Parcellaire ze maachen, méi e grouse Parcellaire ze hunn. 6 Parzellen – doduerch och kënnen méi Unitéite kënnen ze bauen. Wat och elo duerch de PAG méiglech ass. Mee awer och ofzetrennen, fir hannen déi Spillplaz kënnen ze maachen. An ech sinn och ganz bei lech, wann Der sot, et ass natierlech eng deier Spillplaz. Mee och do hu mer mat WP Promotions diskutéiert, well effektiv deen Terrain, wou déi Spillplaz do ass, dat ass natierlech renger Bauterrain, deen och e gewëssene Präis huet. Wann ee gesäit, dass mer hei awer wat déi Parzellen ugeet an der Moyenne si vun 145.261.- Euro plus minus, dann ass dat de Präis vum Ar, dee mer hei bezuelen.

Mir hunn do mam Promoteur gehandelt a sinn du op 124.000.- Euro erofgaangen, well mer gesot hunn: Quitt dass et effektiv Bauterrain ass, d'Affektatioun, déi deen Terrain awer kritt ass absolut kee Wunnengsbau, mir ginn éischter an eng Utilité publique, do kënt eng Spillplaz. Do war och de Promoteur gewëllt, mam Präis erfroze. Dofir ass och deen dote Präis entstanden, dee mer hei am Akt erfënnchen. Ech wär och frou gewiescht, wa mer de Präis nach méi hätte kënnen erfroze. Mee och hei war dat net méiglech. De Geste ass awer ganz kloer gemaach ginn. Mee ech si ganz bei lech, et ass effektiv en deieren Terrain fir eng Spillplaz an awer Utilité Publique. Sou dass awer summa sumarum hei e flotte Projet entsteet mat abordablem Wunnraum, mat enger Utilité publique och fir d'Kanner aus der Schoul, respektiv aus der Maison Relais.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech hunn nach just eng Prezisiounsfro, Dir hat elo geschwat vu Vente. Dat ass jo dann esou, dass dat Vente par bail emphytéotique gëtt, oder?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Neen, ech hat gesot, et ass et eng Vente en futur état d'achèvement. Mir musse jo dann de Budget stëmme fir Popritetär vun deene Wunnengen ze ginn, déi mer herno verlounen. Mir gi jo dem Service Logement déi Wunnengen, da ginn déi verlount. Vente en futur état d'achèvement, dat hate mer jo och op Lenkeschléi. Dat heescht, d'Gemeng gëtt Proprietär vun de Wunnengen a fur et à mesure wéi d'Evolutioun vum Bau ass. Dat fänkt u mat de Fondatiounen, éischte Stack, zweete Stack, den Daach, bis et ganz fäerdeg ass.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Mee d'Wunnenge ginn awer net verkaaft? Dat wollt ech nach eng Kéier kloerstellen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Neen, neen, neen. D'Gemeng wäert Proprietär ginn iwwert d'Vente en futur état d'achèvement. A wa mer bis Proprietär sinn, da kritt dat heiten de Service Logement an da geet et effektiv an d'Locatioun. Et soll jo an der Hand vun der Gemeng bleiwen an och am Esprit vum neie Pacte Logement.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech hunn och nach eng Kéier eng Prezisiounsfro. Wann ech mech gutt erënneren, da war bei der Presentatioun d'lescht Joer gesot ginn, deen Terrain, wou d'Spillplaz lo drop ass, dat ass jo och Bauperimeter, an am Noutfall, wann d'Maison Relais nach eng Kéier misst erweidert ginn, ausgebaut ginn, da kéint ee jo do och nach drop bauen. Dat ass jo awer nach ëmmer esou, wa wierklech den Drock héich ass, nach Plaz ze brauchen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo. Mir si jo Proprietär dovunner. Dann ass dat kee Problem.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann hätte mer all Froe beäntwert an ech géif proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deene siwen Akten, déi haut hei presentéiert an diskutéiert goufen averstanen? **Dat ass unanime.**

Da soen ech lech och hei villmools Merci.

3.11. Approbatioun vum Kontrakt fir de Prêt à usage ou commodat mat dem Fonds de Logement fir d'Mise à disposition vun Terraine fir den Aménagement vun enger Chambre de comptage fir d'Securiséierung vun der Drénkwaasserversuergung vun der Nopeschgemeng Wuelmereng

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer zum nächste Punkt, dat ass en Prêt à usage dee mer hu mam Fonds de Logement. Hei geet et ëm e Projet, wat d'Securisatioun vum Waasser ugeet mat eiser Nopeschgemeng Volmerange-les-Mines wou soll eng Station de captage, also eng Chambre de captage installéiert ginn. Dir gesitt och d'Fotoen. Dat ass an der Route de Thionville. Dat ass en Terrain, deen dem Fonds de Logement gehéiert, dee mir zur Verfügung gestallt kréien. Dat Ganzt fousst op enger Demande vun der Gemeng vu Volmerange-les-Mines, dass wa si op hirer Säit eng Penurie hätte vum Waasser – de Moment si se jo scho säit ganz laanger Zäit un den Ofwaasserkanal ugeschloss – dat hei ass elo eng Demande fir un de Waasserkanal kënnen ugeschloss ze ginn, grad an Zäiten, wou si op hirer Säit eng Penurie hunn. Also geet et och drëms, dat doten ze securiséieren. Si haten eis do a Kenntnis gesat – dat ass schonn eng Zäitche hir, well a Frankräich d'Prozeduren e bëssen anescht sinn – dass se dee Projet do wëilten organiséieren. A si haten och do iwwert déi offiziell Weeër mat eisem Support eng Demande gemaach un eise Waassersyndikat, un den SES, fir ze froen, ob dat iwwerhaupt méiglech wär. Mir hunn natierlech och déi doten Demande ënnertzt.

Op der franséischer Säit ass d'Gemeng Wuelmereng vun hirer Agence technique begleet ginn, wat den Equivalent ass vum Lëtzeburger SES. An den SES an och d'Ëmweltministesch hunn an deem Sënn geäntwert, dass dat dann och méiglech ass, fir dat Approvisionnement kënnen ze gewäerleeschten. Dat ass de Prinzip vun der Gewäerleeschtung, vun der Securisatioun. Ech mengen do hu mer de Feu vert kritt vun de staatlechen Instanzen, respektiv vum SES, fir dat kënnen ëmzesetze mat engem Debit maximal vun 220 m³. Also hu mer och hei missen Terrainen zur Verfügung gestallt kréie vum Fonds de Logement, wou mer effektiv och eng Kéier Proprietär gi vun deem dote Stéck. Dat hei ass haaptsächlech fir am Summer. An den SES verrechent natierlech och d'Waasser un Wuelmerenger Gemeng. D'Aarbechte ginn natierlech vun der franséischer Säit integral en charge geholl. Dat heescht, mir brauchen do näischt ze bezuelen. Wourop elo nach gewaart gëtt ass, dass souwuel den SES an d'Gemeng eng Ufro gemaach hunn. Virun allem den SES un den Ëmweltministère. Well wéi Der gesitt, mussen nach Beem ewechgeholl ginn. Dat heescht, sou laang wéi déi net ewechgeholl si kënnen d'Aarbechten net ufänken. Do waarde mer op eng Äntwert vum Environnement. Déi ass ugefrot gi vum SES.

An de ganze Projet gëtt vun der Wuelmerenger Gemeng finanzéiert. Dat ass 1 Hektar 49 Ar an 49 Zentiar, déi Parzell. A souwuel mir als Gemeng wéi och déi Wuelmerenger Gemeng kënnen Accès op déi dote Parzell kréien.

Et sollt de 14. Februar 2022 lassgoen. Mee mir musen elo nach op d'Autorisatioun vum Ëmweltministère waarden, fir kënne lasszeleeën. Déi Clôture wäert reparéiert ginn. Et gëtt eng nei Clôture agebaut. An dat soll lo net engem anere weider verlount ginn. Dat soll wierklech fir d'Gemeng Wuelmereng a fir d'Stad Diddeleng sinn. A mir iwwehuelen och keng weider Fraisen. Ausser dass mer d'Locatiounsfraisen an d'Assurance iwwehuelen. Dat heiten ass och esou scho mam Fonds de Logement ofgeschwat ginn. A si wäerten et och normalerweis Enn dës Mounts an hire Verwaltungsrot huelen, sou dass och do den Aval gi gëtt, fir dës Demarche zesummen ze maachen.

Dat heiten ass e weidert flott Beispill vu grenziwerschreidender Zesummenaarbecht. An dat op engem konkrete Projet, dee mer hei och weiderféieren. Dat zu den Erklärungen zu dësem Prêt à usage tëschent dem Fonds de Logement an der Stad Diddeleng a Beneficiaire dovunner sinn natierlech d'Awunnerinnen an d'Awunner vun der Gemeng Wuelmereng.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech hat mir d'Fro gestallt, mee wann ech et richteg verstanen hunn, ass si lo beäntwert ginn. Dat heescht, Wuelmereng kritt net Waasser vun eis an et gëtt och net vun eis verrechent an ass och net vun eiser Präishaussé vum Waasser elo betraff? Mee Wuelmereng gëtt direkt vun der SES verrechent?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Jo. A virun allem dann, wa si op franséischer Säit eng Penurie hätten. Et ass just dann, wa wierklech eng Penurie ass. An dat ass jo haaptsächlech am Summer. Nach weider Remarken, Froen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci. Dat hei ass jo da fir eng Waasserauer. Mee da ginn awer och nach Leitunge geluecht fir d'Waasser? Dat mécht jo dann den SES. Oder leien déi schonn? Also den Ofwaasser läit jo schonn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Déi gi gezunn, an déi maachen d'Fransousen. Dat gëtt vun der franséischer Säit en charge geholl.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot mat dësem Prêt à usage averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Entschëllegt Här Buergermeeschter. Et ännert näischt um Vott. Mee ech wollt just nach eng Kéier vun eiser Säit aus ënnersträichen, dass dat hei e flott Beispill ass, an dës Majoritéit huet eng grouss Traditioun fir déi Zesummenaarbecht mat der Wuelmerenger Gemeng niewendrun. Säit enger gefillter Éiwegkeet, säit dem leschte Krich mengen ech, do gëtt et ganz enk Liene mat der Wuelmerenger Gemeng an ëmmer e groussen Echange, soubal wéi e Problem ass an och gemeinsam eng Léisung ze fannen.

An dat hei, dat weist ganz kloer – mir schwätzen hei vu Penurie vu Waasser, déi mol kéint optauche bei hinnen an der Gemeng. An da gëtt net gesot: Hei do ass elo d'Grenz an dat geet eis alles näischt un. Ech mengen déi Erausforderungen, déi an Zukunft op eis duerkommen. D'Natur an d'Defien, déi mer an Zukunft domadder hu wäerten, déi këmmert sech net ëm mënschegemaachte Grenzen. Do muss een einfach kucke fir zesummen eng Léisung ze fannen am Dialog. Well dat hei ass eppes wat d'LSAP, well se hei scho laang an der Verantwortung ass, ëmmer ganz grouss geschriwwen huet, an dofir begréisst mir dat ausdrécklech. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och nach eng Kéier fir déi dote Prezisiounen an och d'Zoustëmmung.

3.12. Resiliatioun vun engem Contrat de bail commercial fir d'Locatioun vun engem Deel vum Local commercial op 77, Avenue Grande-Duchesse Charlotte

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwverginn. Dat ass d'Resiliatioun vun engem Contrat de bail op 77, Avenue Grande-Duchesse Charlotte. Dat ass mat der Musek Box s.à.r.l. S. Dat ass natierlech schued. Dat si jonk Geschäftsleit, déi sech lancéiert hate fir sech hei mat der Musek Box niderzeloossen. Mir hate jo am Gemengerot net méi spéit wéi den 16. Juli 2021 mat hinnen e Contrat de bail commercial oder Sous-locatioun, gemaach haten. An Dir gesitt an hirem Courier, deen d'Madamm Pierret eis zoukomme gelooss huet, dass se regrettéiert, dass se dee Schratt hei muss maachen, well se als jonk Entreprise, jonke Commerce mierken, dass dee Produit, dee si ubidden, dass do engersäits duerch déi sanitär Kris, déi en Impakt hat op d'Geschäftsleit, mee och duerch d'Internet-Konkurrenz, déi fir dat wat si ubidden ganz grouss ass, sou dass se do net kënne mathalen.

Dat ass eng Realitéit. Dat ass natierlech ganz schued. Zemoools wou een och weess, dass awer d'Musek Box mat ganz vill Engagement an Devouement an och eng flott Zesummenaarbecht hat mat eiser Musekschoul an och mat enger ganzer Rei Museker, déi dohinner gaange sinn. Mee et huet een hei gemierkt, wéi déi knallhaart Konkurrenz vum Internet och ka sinn. A wann een net onbedéngt e Big Player ass, wou ee Saache kann opfänken, a wann een nei Geschäftskonzepter huet, dann ass dat net ëmmer sou evident. Och dat ass eng Realitéit an d'Konsequenzen dovunner, sou dass mer hei deem wäerte Rechnung droen.

Normalerweis wär et sou, dass d'Resiliatioun ab dem 1. September hätt kënne stattfannen. No der Diskussioun hei a wou si och gefrot huet, ob et méiglech wär, dat éischter ze maachen, proposéiere mer, hinnen do keng Steng an de Wee ze leeën. Dass mer dat ab dem 1. Abrëll kënne maachen. Déi Leit déi laanscht gaange sinn hunn och gesinn, dass se am Gaang sinn en Destockage ze maache vun enger ganzer Rei Museksinstrumenter. Wat sinn d'Perspektiven, wa si elo do raus sinn? Och do ass eise City Manager jo ganz aktiv. Dir wësst, an engem viregte Gemengerot hate mer jo och e Contrat de bail vu „La boîte à papillons“, wou mer jo och ëmmer dat Lokal benotzt hunn als Pop-Up Store. Dat Gebai ass jo

lo net méi als Pop-Up, well déi Leit lo fest dra sinn a well mer och Demanden hu fir Pop-Up Storen, wou och eise City Manager do och ëmmer d'Ouer op der Schinn huet an och schonn Demandë si fir do am Abrëll, respektiv Mee kënnen do e Pop-Up Store anzeiichten. Do wäerte mer da wann d'Musek Box eraus ass, do e puer Pop-Up Storen usidelen, fir dass dat Lokal weider iwwert deen dote Wee ka genotzt ginn. Dat zu den Erklärungen par rapport zu der Resiliatioun vun deem Contrat de bail mat der Musek Box. Wa Remarque sinn, Froen?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt just bemierken: Dat deet eis wierklech leed, dass jonk Entrepreneuren an déi do Situatioun kommen. Mir verstinn dat. Mir fannen dat selbstverständlech, dass mer hinne keng Steng dierfen an de Wee geheien. An dat weist awer och, dat Konzept, dat eis Gemeng sech ginn huet mat deene Pop-Up Storen ass awer eppes, soe mer mol eppes Mënschlech. Et ass awer eng flott Saach, mir sollen eis lo hei net discouragéiere loossen, dass dat lo eng Kéier sou gaangen ass. Mee am Fong hu mer jo ëmmer gesot, d'Philosophie hannert där Saach ass, fir jonke Betriber eng Chance ze ginn, sech emol ze installéieren, ze kucken ob et leeft a wéi et leeft. An dass se och liicht kënnen draus rausklamme wann et net leeft. Wa se lo bei engem fixe Proprietär hätte misse lounen, da wäere se vill méi schlecht dru gewiescht. Dofir fannen ech awer nach ëmmer dass mir als Gemeng et kënnen begrëssen, dass si sou Konzepter wéi déi doten un den Dag bruecht huet. Dat ass de Leit en immenst Entgéintkomme gewisen an ech fannen dass dat e ganz soziale Charakter huet. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Wann een dee Bréif liest vun der Madamm Pierret, dat ass jo herzerreissend. Et zeechent e Bild vum David géint de Goliath. Eng Geschäftsfrau mat engem flotte lokale Buttek, déi den direkte Kontakt mam Client huet, eng perséinlech Berodung ubitt an engem flotte Kader an enger attraktiver Stad, enger Stad, wou ganz vill Kultur huet, wéi d'Madamm Tanson jo och elo gesot hat op der Reunioun, mat enger grousser Museksschoul vun iwwer Dausend Schüler, jo souguer nach Concerten huet déi Madamm organiséiert virun hirer Dier. Et ass e Samschdeg elo dee leschten. Mee si kann net vun hirem Geschäft liewen, sou wéi si schreift. Si wier da léiwer Salarié.

An den Internet ass einfach eng ze vill grouss Konkurrenz mat méi bëllege Präisser. Och wann d'Gemeng an de City Manager ganz vill Effort maache fir d'Commercen hei zu Diddeleng ze ënnerstëtzen, läit et schlussendlech an der Hand vum Konsument ob e Geschäft e Succès gëtt oder net. Mir kënnen elo net vun hei aus abschätzen, firwat dës Commerce net gaangen ass. Déi Grënn huet si jo lo selwer ugefouert. Mir fannen et och ganz schued a wënschen der Madamm alles Guddes fir hir Zukunft. A mir si selbstverständlech och averstane fir de Bail éischter ze resiliéieren.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Meng Stellungnam läit änlech wéi déi vun deenen aner Parteien. Et fält mer e bësse schwéier an deem Fall fir eppes ze soen. Vill léiwer äusseren ech

mech wa mer als Gemeng hei zu Diddeleng kënnen de Leit Dieren opmaachen. Sou dass se d'Chance kréie sech mat engem Commerce hei niderzeloossen, eeben och mat abordabele Loyerokonditiounen hei zu Diddeleng. Dës soll deem engen oder aneren erméigleche säin Dram vun der eegener klenger Firma hei ze realiséieren. Dat ass jo och Gott sei Dank méi oft de Fall wéi lo hei, wou ee Buttek muss seng Dieren zoumaachen, well e mat sengen Iddien a Produiten net richtig Fouss konnt faassen. Dee Fall hei bestätegt eis awer och, wéi schwéier et ginn ass, am Einzelhandel unzekommen. An trotz och mol engem Réckschlag leie mer mat eiser aktueller Politik vun der Locatioun vun verschiddene Surface commercialiellen, fir se dann an d'Sous-location ze ginn u Leit, déi am Commerce nei wëllen ufänken, richtig. Mir konnte jo op dës Aart a Weis schonn eng Rei Betriber längerfristeg hei etabléieren. Echecke bleiwe leider net aus. Si sollen eis awer net demotivéieren, mee éischter motivéieren, weider eis politesch Kräfte a Beweegung ze setze fir dass eisen Zentrum eng attraktiv Geschäftsstrooss bleift an dass d'Bierger de Sprong an d'Firmegrënnung kënnen woen.

Wann ech mer als Geschäftsmann virstellen, ech misst mäi Commerce opgi well e sech net dréit, ech mengen da géif bei mir eng Welt zesummebréchen. A wann ech déi Resiliatioun vun deem Contrat de bail vun der Musek Box liesen dann dréckt dat dat och iergendwéi aus. Ech weess och dass et hirersäits net un ze wéineg Engagement geleeën huet, am Contraire. Ech erënnere mech nach un dee leschte Summer, wa se mol virun hirer Geschäftsdier Live-Musek gespillt hunn, ganz einfach fir Stëmmung ze maachen a fir op sech opmierksam ze maachen. Si hu gewisen, dass se sech hei zu Diddeleng wollten integréieren an hu sech wuelgefüllt. E Musekgeschäft, eppes wat een am Süden net méi fonnt huet ausser zu Diddeleng, an dat dann zukünftig leider och net méi. Schued, kann ee soen. Schued dass Amazon a co. well souvill Muecht kritt huet iwwert eist Kafverhalen. Dat kann een och als Gemeng, mat alle Géigemoossnamen net onbedéngt ophalen. Deen eenzegen, deen dat kann ophalen ass dann zu gudder Lescht de Konsument selwer. Ech soen lech Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Jo ech mengen all Mënsch ass betraff an traureg. Ech wollt awer eng Kéier nofroen: Mir hu jo och e Pop-Up Store ënne beim Gewerkschaftsheim. Do hate mer jo och e Betrib, dee sollt do dra kommen, do ass awer ëmmer nach näischt op. Wësst Dir do eppes Genaues? Dat huet geheescht, et géif Enn Februar opgoen. Do ass och sou eng Pancarte mat engem QR-Code a wann een do drugeet, da kënnt een awer nëmmen op d'Ville de Dudelange, do kënnt een net op dee Betrib selwer. Vlächent kéint Der eis jo eng Kéier e puer Prezisiounen ginn, wéi et mat deem Projet do ass?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nach weider Froen? Neen. Gutt, da soen ech den Intervenanten hei Merci fir engersäits hir Zoustëmmung zu där Resiliatioun, fir där hei Rechnung ze droen. Et ass eng Zoustëmmung, déi een net onbedéngt ganz gäre gëtt, well ee weess, dass domat jo awer och ganz engagéiert a motivéiert jonk Geschäftsleit hir Aktivitéit hei zu Diddeleng net méi kënnen weiderféieren. Och dat ass

en Deel vun der Realitéit. Mee ech menge mir deelen och d'Aschätzung, dass mer hei lo net d'Bengele bei d'Tromm geheien an och wierklech weider kucken. Mir hate jo och scho mat anere Commercen Erfolleg. An et ass jo och an Aussicht, dass nach weider Pop-Ups sech wäerten hei zu Diddeleng nidderloossen. Par rapport zu der Remark vun der Madamm Kayser: Do bannendra lafen d'Amenagementsaarbechten a souwäit ech weess, sinn och eng Rei Produite bestallt ginn. Mee och do si Retarden duerch déi aktuell Situatioun déi mer hunn. Also de Projet deen ass absolut net gestuerwen. Do sinn eng Rei Retarde komm um Niveau vun den Approvisionnementen. Dat ass och eng Realitéit, wann ee sech wëll frësch installéieren.

Ass de Gemengerot schwéieren Häerzens mat dëser Resiliatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.14. Amenagement vun engem Mobilier spécifique am Motorikraum vum Schoulkomplex Lenkeschléi

3.14.1. Approbatioun vum Devis estimatif

3.14.2. Approbatioun vun engem Crédit spécial

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da gi mer riwwer an de Complexe scolaire Lenkeschléi. De Mobilier spécifique fir d'Salle de Motricité.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Villmools Merci. Dat hei ass en Devis dee mer virleien hunn an engem Gebai wat awer scho fonctionéiert. Mir hunn d'lescht Joer am Januar opgemaach. Do waren dann eenzel Aarbechten, déi nach weidergefuert gi sinn an dann iergend eng Kéier ware mer beim Beweegungsraum, an du hu mer gekuckt, wat do virgesinn war am Cahier de charge vun der Firma. Dat war virgesinn, mir ware mol iwwerzeegt dovun. Am Nachhinein, wéi mer du mat hinnen diskutéiert hunn, du hu si eis gesot, si wäeren nëmmen zoustänneg fir d'Schinnen um Plaffong fir da Material dran ze hänken. Dat heescht, d'Material war am Fong net dran. Mir haten et och net budgetiséiert, dofir musse mer lo haut dee Kredit hei stëmmen. Mir hunn eis du mat den zoustännege Leit, Psychomotriciennes awer och d'Personal aus der Lenkeschléi zesumme gesat. Dat waren e bësse méi schwéier Diskussiounen, well Beweegung, do huet jiddwereen e bëssen eng aner Meenung heiansdo dozou.

Mee mir sinn awer lo zum Schluss op e gutt Enn komm. A mir wëllen op alle Fall dee Sall net eidel stoe loos. Dee gëtt zwar genotzt, mee net onbedéngt fir Psychomotricitéit. Mee éischter wann d'Kanner dobane sinn an et reent an e bëssen turnen, dofir gëtt e scho genotzt. Dir hutt den Devis virleien. Mir wollten dee lo stëmmen an da géife mer sou séier wéi méiglech dee Beweegungsraum do ausstatten. Wat ech hei awer derzou wëll soen: Et ass Equipement spécifique, dat gëtt 100% vum MENJE iwwerholl iwwert d'Konvention. Sou dass et eigentlech eis elo näischt kascht als Gemeng. Mir awer de Kredit musse stëmmen, well mir müssen et fir d'éischt kafen, ariichten an dann dem MENJE d'Rechnunge weiderschécken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane fir déi doten Erklärungen. Si Remarken, Froen dozou?

BOB CLAUDE (LSAP): Virun dräi Woche konnte mir bei der Aweigung vun der Maison Relais Ribeschpont sou ee Motorikraum besichtegen. Mir wëssen also genau wourëm et sech bei dësem Spezialdevis vu 45.000.- Euro handelt. Säit ville Jore bekloe sech d'Sportsprofen an de COSL iwwert e wuessende Mangel u Motorik, Ausdauer a Beweeglechkeet bei eise Schoulkanner. D'Ursach ass bekannt. De Raum wou d'Kanner sech an der Natur an op der Strooss fräi beweegen a spille kënne gëtt ëmmer méi begrenzt. De Computer verleet dozou, doheem an der Kummer op engem Stull oder engem Kannapee vill Stonnen ze verbréngen. Fir deem entgéintzewierken ass e flott ageriichte Motorikraum schonn ideal. Do kënnen d'Kanner ouni Angscht op dee verschiddene verstellbare Geräter klammen an ouni Gefor op déi méll Matte sprangen a falen.

Dat Ganzt soll ënnert der Leedung vun engem ausgebildeten Erzéier oder Léierpersonal erfollegen. Et ass schued datt et an eisen anere Schoulgebaier keng adequat Raimlechkeete gi fir ee Motorikraum anzeriichten. Mee och eis Turn- a Sportssäll kënne benotzt gi fir d'Kanner zur Beweegung ze bréngen. An deem Sënn ass virun enger Woch e Projet „Ballschoul Lëtzebuerg“ vun der nationaler Sportsschoul, der ENEPS, presentéiert ginn. Dobäi soll d'Freed um Ballspill bei de Kanner promovéiert ginn. Well besonnesch déi verschidde Ballspiller si wichteg, fir dem Kand seng Motorik ze verbesseren. Et wär net schlecht, wann eist zoustänneg Personal iwwert dësen interessante Projet kéint informéiert ginn an déi finanziell Méttelen hinne kéinten accordéiert ginn. D'LSAP-Fraktioun wäert dësen Devis an dëse Kredit approvouieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nach weider Stellungnamen? Neen. Da géif ech proposéieren, dass mer iwwert dësen Devis ofstëmmen. Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.** An dat selwecht gëllt jo dann och fir de Kredit.

3.15. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Reame-nagement vum Parking vum Stade Meyer

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann, Devis estimatif fir de Reamenagement vum Par-king am Stade Meyer:

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dir wësst, datt ech beim Budget scho gesot hat, datt de Parking vum Stade Meyer op der Säit vun der Rue des Champs, also hannert dem Stade Meyer, Richtung fréiere States-Terrain, sech an engem ganz schlechten Zous-tand befënnt. Dat ass doduerch bedéngt, datt do eng grouss Pente ass, an deen aktuelle Schotterbelag, dee gëtt eebe wann et staark reent reegelméisseg ewech-geschwämmt. An dee Belag, deen elo ëmmer ewechge-schwämmt gouf, dee soll elo duerch e feste Belag ernei-ert ginn. Dat wäert eng Aarbecht vun ongeféier engem Mount sinn. Et gëtt awer och an zwou Phase geschafft, sou datt ëmmer Parkplazen zur Verfügung stinn.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Ech war mir dat ukucken, an dee Parking ass jo effektiv an zwee Deeler, an deen ieweschten Deel gesäit wierk-lech schlëmm aus, do si scho sou richteg Stroossen am Kräsi. A meng Fro war awer elo: Gëtt elo de ganze Parking nei gemaach oder ass dat just den ieweschten Deel? An da wollt ech awer och e klengen Input gi bei Parkingen. Bon, deen heiten ass elo kleng an e läit an enger Pente, en huet och keng Südlag. Mee et wär jo och flott, wann ee mol de Reflex géif kréien, mir brau-chen onbedéngt erneierbar Energien, do ginn et well sou iwwerdaachte Parkingen. Dass een och vläicht dann an Zukunft op de Wee ka goen, bei Parkinge mengen ech ass dat méiglech, fir un d'Fotovoltaik ze denken. Bon, bei deem heite Parking denken ech ass et net méiglech. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, dee gëtt ganz frëschgemaach. An dat vun der Fotovoltaik, dat ass och eng gutt Suggestioun. De Pit ass jo hei. Hien huet sech dat och notéiert. Sou datt mer kënne kucken an Zukunft, wa mer e Parking wëlle frëschmaachen, ob dat geet, ob dat sech lount. A mir kréie bestëmmt och nach e puer Frang Subsid dofir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Wien ass mat deem Devis hei averstane vu 55.000.-Euro? **Dat ass unanime.** Da soen ech iech villmools Merci.

3.16. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Reame-nagement vun der Zon 30 an der Rue du Parc

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer op d'Rue du Parc, d'Zon 30.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Hei gëtt eng optesch Ännerung vum Belag gemaach, an zwar do wou Tempo 30 ass, also tëschent de Hausnummere 14 an der Hausnummer 46, fir datt een de Beräich och besser erkennt an et méi sécher ass. Dat sinn eng 150 Meter an 900 m² Fläch. Dat war ënner anerem och eng Demande vu Vëlo Diddeleng. De Belag wäert also an Zu-kunft méi hell si wéi de Rescht vun der Strooss. An et kann een och deemno vill méi däitlech erkennen, datt hei eppes ännert, datt d'Vitess eeben erofgesat ass. Mir wäerten dann awer och nach mat Anengunge schaffen, fir datt d'Strooss net méi sou breet ass an deemno och den Tempo hei ofhëlt. Dir kënnt lech erënneren, datt mer d'lescht Joer am Abrëll en Avis préalable gefrot hate bei der staatlecher Verkéierskommissioun fir deen Tronçon 30 km/h ze verlängeren vum Jugendhaus bis hannert d'oppe Schwämm, respektiv bis bei d'Maison Relais. A mir hunn natierlech en negativen Avis vun der staatlecher Verkéierskommissioun zréckkritt.

Ech mengen ech brauch iech elo net nach eng Kéier hei ze erklären, wéi dat fonctionéiert. Ech hunn dat bei engem Punkt virdru gesot, wéi d'Gesetzeslag ass, a wéi d'Lignes directrice vun der staatlecher Verkéierskom-missiouen och sinn. Deemools sot déi staatlech Verkéi-erskommissiouen eis jo, dass se deen Tronçon dee mer lo hunn, dee Zon 30, dass se déi accordéiert huet, well dat eebe laanscht d'Schoul ass. An déi soll do net on-bedéngt vill méi verlängert ginn, vu datt hirer Meenung no déi Rue du Parc eng Verbindungsstrooss ass, wou ronderëm scho lauter Zon 30 sinn. Dat war deemools d'Argument fir ze soen, et sollt net verlängert ginn. Vu datt elo awer de Minister dës Woch hei zu Diddeleng war a gesot huet, mir kéinten op eiser Strooss, eise Stroossen, an dat ass d'Parkstrooss jo, well dat ass keng Staatsstrooss, maache wat mer wëllen, wollt ech iech einfach proposéieren, datt mer beim nächs-te Gemengerot beim Punkt Circulatioun dat doten op den Ordre du jour huelen. Dat heescht e Verkéiersre-glement stëmmen, wou mer eeben Tempo 30 vun der Maison Relais bis hannert d'oppe Schwämme stëmmen. Wat sot ech elo? Ech hunn eppes falsch gesot, de Pit weist schonn.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATIOUN): Also et ass net vun der Maison Relais bis bei d'Jugendhaus, well dat wiere keng 2 Meter. Mee ech mengen Du wollts soe Jugendhaus bis bei d'oppe Schwämm.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Genau. Well soss hätte mer bestëmmt den Accord kritt fir déi zwee Meter wou ech elo gesot hunn. Also fir et nach eng Kéier kloerzestellen: vum Jugendhaus, vun der Maison des Jeunes, net d'Maison Relais, bis hannert d'oppe Schwämm. A wa mer et da senger Liewe verworf kréie vun de Beamte vun der staatlecher Verkéierskommis-siouen, da ware jo genuch Leit am Sall fir de Minister Bausch u seng Ausso ze erënneren.

A wann ech richteg informéiert sinn, dann ass souguer d'Deliberatioun fir den nächste Gemengerot scho prett.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci. Lo hat ech mer eng ganz Säit hei preparéiert an déi ass lo alles näischt méi wäert. Dann improviséieren ech elo. Ech wollt natierlech iwwert d'Zon 30 schwätzen, dat war scho preparéiert wéi eise Minister Bausch zu Diddeleng war. Ech mengen dat ass awer och e bëssen einfach. Do muss een en awer och an d'Verantwortung zéien. Et kann een awer net iergendwou higoen, a mir sinn net iergendwou, mir sinn hei zu Diddeleng an engem grouss Sall, wou vill Leit sinn. Et kann awer net sinn, dass do e Minister eppes seet, an ech zitieren en elo: „Autonomie totale hunn d'Gemengen op hire Stroossen.“ Ech hat mir dat grouss opgeschriwwen. Dat geet awer och net, dass een iergendepes sou seet an dann herno ass eng staatlech Verkéierskommissioun, déi direkt bremst.

Ech begréissen et dass Dir dat awer änlech gesitt, an ech menge grad an der Parkstrooss ginn et awer genuch Ursaachen. Mir hunn d'Maison des Jeunes, mir hunn de Lycée an da gi mer weider, dann hu mer och nach d'Sortie vun der Sportshal, dann hu mer d'Maison Relais, mir hunn d'Schwämm. An eis Propos war souguer et vläicht bis an d'Kéier matzezéien, bis bei d'Pasteurstrooss. Do kann ee vläicht driwwer nodenken. Well do wou et an d'Kennedystrooss geet ass awer och en Zougang zu enger Schoul, wou och nach e Schoulwee ass. Et kéint ee vläicht dann och nach iwwerleeë fir et bis dohin ze zéien. Ech kann dat einfach net méi ënnerstëtzen. Mir waarden do op dee Wee an da muss een och einfach méi hefteg sinn an net einfach, wann eng Kommissioun do seet „Neen, well...“ Hei ginn et wierklech Ursaachen an där Strooss fir dat ze maachen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Ech wollt just nofroen: Wann ech déi zwee Projete vergläichen, deen elo virdrun an deen hei. Do hu mer 150.000.- Euro fir déi zwee Projeten, jiddwereen. Mee bei deem enge sinn et 900 m² bei deem anere 670 m². Ass et dee selwechte Belag oder wat si genee d'Detailer, déi den Ënnerscheed maachen? An da wollt ech och froen: Wa mer eventuell an de Genoss kéime fir dierften no neien Elementer déi Strooss do als Zon 30 ze maachen, géife mer se dann och iwwerall mat deem giele Belag maachen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Eis voll Ënnerstëtzung wat d'Madamm Dall'Agnol lo gesot huet. All Meter Tempo 30 ass gutt a wat méi, wat besser. An ech géif souguer proposéiere bis bei d'Kräizung mat der Rue Pasteur, well do hu mer jo nach eng aner Schoul wou et do rageet an d'Brillschoul. An d'Einzugsgebiet fir d'Brillschoul, dat ass jo dee ganze Wolkeschdall, deen do hi geet. An déi ginn do iwwert d'Strooss. Also wa schonn, da schonn. A mir fannen dat och eng gutt Saach fir Tempo 30 extra giel ze markéieren op der Héicht vum Lycée. D'Fro stellt sech natierlech, wa mer dat accordéiert kréien, da wier et awer e bësse komesch, wa mer dat alles giel géife maachen. Do muss een da vläicht nach eng Kéier driwwer nodenken. Also déi véier „Berliner Kissen“ déi am Moment do leien, déi droen och wesentlech dozou bei, datt d'Autoen ofbremsen. Dat mierkt ee gutt, wann ee mam Vëlo vum Lycée erfëhrt, rausfëhrt. An och déi rout Markéierung ass tiptopp. Op

där Plaz kënn ee vill besser eraus wéi virdrun. D'Bordür vum Trétoir ass erfëhrt an dat appreciéiere mir natierlech och.

Ronderëm de Lycée ass vill ënnerholl gi fir d'Verkéisberouegung – wann ech mech gutt erënneren, d'Michel Rodange gëtt jo och eng Zon 20 – an dat ass och néideg, well wann een zu den Auerzäiten do laanscht fëhrt, wou d'Schoul un an aus ass, da mierkt een, et sinn net nëmmen d'Kanner vun der Grondschoul, déi gefouert ginn, mee och ronderëm déi Lycée gëtt et zäitweis richteg vill Trafic. Leider gesäit ee wéineg Lycéeschülerinnen a -schüler, déi mam Vëlo an d'Schoul fëhren. Do hu mir eis gefrot: Wat sinn d'Ursaachen? Wéi kënn een un déi Jonk? Wéi kann ee se motivéieren? An am Fondamental, do gëtt et jo deen Impuls vun der Coupe scolaire. Do gesäit een dann, da fëhren der erëm ganz vill mam Vëlo. D'Madamm Meyers an de Service des Sports, déi fuere mat de SEA-Kanner mam Vëlo. Déi meescht Kanner a Jugendlecher hunn och e Vëlo. Mir denken datt et do wierklech nach Potenzial gëtt fir de Lycée. An et wier derwäert do Pisten ze sichen an ze fanne fir datt de Vëlo trendy gëtt am Lycée. Mam Vëlo an den LNB. Am beschte wier et natierlech, wann ee sech mat den Acteuren vum Lycée kéint zesummendinn.

WALTER BERETTINI (LSAP): Ech passe mech deene meeschten un, och dem Tessy. Ech hat och eppes virebereet mat der Zon 30. Ech begréissen awer mat openen Hänn déi Decisioun, déi mer hoffentlech kënnen treffen, dass dann an Zukunft déi ganz Strooss op Zon 30 gesat gëtt. Ech trëppelen des Ëfteren do laanscht mam Muppes. Schon éier d'Bumperen do waren, also et Zon 30 war, a lo mat der Zon 30 ginn et nach ëmmer verschidde Leit, déi effektiv do de Fouss net vum Gas erfëhelen. Dofir, déi Strooss do sou optesch ze erstellen, dass een dat vläicht besser gesäit, dat fannen ech top. An enger éischer Phas. Well ech net weess, wéi laang et dauert, bis déi Decisioun getraff gëtt, dass mer einfach duerch déi Strooss kéinte weider verlängeren an erop bis op d'Pasteurstrooskräizung, dat géif ech och begréisse well do och ëmmer ganz vill Schüler lénks a riets ginn. Jiddefalls, deen Devis hei géife mir als Fraktioun voll matdroen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Vläch kuerz emol e Merci fir d'Ënnerstëtzung vun alle Bänken. Dat deet och gutt. Virun allem wéi d'Madamm Erpelding sot, wa sou an de Raum geworf gëtt virun 200 Leit, mir kéinten hei „egal wat“ maachen. Well ech hunn dat wierklech sou verstanen, dass mer kéinten egal wat maachen. Well wa mir Autonomie totale hunn, da kéinte mir am Plaz vu 50 km/h jo och 60 km/h maachen oder 70 km/h maachen. Also ech hunn dat schonn e bëssen en Affront fonnt. Mais bon, Schwamm driwwer. Mir mussen weiderfëhren. A mir hoffen, datt mir déi Saach, wou mer an Zukunft eraginn duerchkréien. Hei ass e puer Mol gesot ginn, déi eng wëlle bis bei d'Kennedystrooss, déi aner wëlle bis bei d'Pasteurstrooss. Ech hu virdru gesot bis hannert d'oppe Schwämm.

Eis Servicer kënnen nach eng Kéier kucken, wat Sënn mécht a wou et och méiglech ass, fir dat doten ze maachen. An dann, wéi gesot, am nächste Gemengerot wësse mer jo da méi. Et ass eng Fro gestallt ginn ob

et dee selwechte Belag um Parking ass wéi virdrun. Do kann de Mica herno méi Detailler ginn.

De giele Belag. Wa mer giele Belag maachen, da geet et mat deem doten Devis awer net duer, da musse mer nach eng Kéier en zousätzleche stëmmen. Mee ech géif awer elo mol den Äifer bremsen bis mer et gestëmmt hunn hei am Gemengerot a bis mer och sécher sinn, dass mer et därefe maachen. Mee wéi gesot, wa mer do e giele Belag maachen, an do kann de Mica vläicht och eng Kéier kuerz drop agoen, da geet et mat deem heiten Devis net duer, da musse mer souwisou nach eng Kéier an de Gemengerot zrëckkommen.

D'Lycéesschüler méi op de Vëlo bréngen. Zu menger Zäit hat net jiddwer Lycéesschüler en Auto an zu Ärer Zäit warscheinlech och net. Wann ech gesinn, datt déi alleguer mam Auto kommen an et kritt jo net jiddereen eng gratis Parkplaz beim Parking, déi stinn dann an de Stroossen a se geheien an. Dat schéngt mam Täschegeld labber duer ze goen. Ech verstinn et perséinlech och net. Vläicht kann e jo iwwerleeë mam Jugendhaus oder och mam SNJ zesumme Campagnen ze maache fir déi Jonk méi op de Vëlo ze kréien. Ech sinn awer der Meenung, datt dat Eenzezt wat hëlleft ass, wann d'Elteren de Schlëssel ewechhuelen a vläicht manner Bensinn bezuele fir den Tank. Da klamme se entweder op de Vëlo oder de Bus ëm oder se ginn zu Fouss.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Ech wollt just eng kleng Prezisioun maachen, ech hat mech vläicht net kloer ausgedréckt. Also meng Propos wär och gewiescht bis op den Eck Pasteurstrooss. Kennedy hat ech gesot, well et do rageet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann nach e puer technesch Erklärungen.

MICAEL DA SILVA (COORDINATEUR CHANTIERS – TRAVAUX PUBLICS): Also a punkto Belag ass et sou dass mer um Parking Stade Meyer e Belag maache mussen, deem drainant ass. Do si mer am Gaang ze kucken. Entweder maache mer en Elastopave oder e Betonspavé. An den helle Belag an der Zon 30 an der Rue du Parc, do hu mer och zwou Alternativen. Eng Kéier en helle Makadam, dee mer hei och alleguer kennen aus der Dominique-Lang-Strooss. Oder, wat och ganz vill an der Stad gemaach gëtt, och laanscht den Tram, dat ass eng Epoxy-Beschichtung, dat ass en 2-Komponenten-Bindemittel, wou herno sou e ganz rege Kräsi driwwer kënnt an dat gesäit u sech ganz änlech wéi en helle Makadam aus. An dat wollte mer eventuell och hei an der Rue du Parc probéieren. Eng Referenz vun där Beschichtung oder vun deem Belag hutt der op der Place Léon zu Bouneweg bei der Kierch. Déi ass ganz rezent. A wou scho véier Joer al ass, dat ass elo Boulevard Victor Thorn an der Stad och. Do kënnt der iech eng Kéier ukucke wéi dat ausgesäit. Wann een et net weess, gläicht et engem Makadam, mee et ass am Fong en anere Procédé fir dat ze maachen.

Wat lo déi ganz Streck ugeet mam helle Belag. Also hei war d'Iddi, dass mer dat wierklech just elo mol op den Zonen Tempo 30 maachen. Well éischters geet et, wéi d'Claudia scho gesot huet, vum Devis hir net duer, fir et

iwwer déi ganz Längt ze maachen. An da muss ee sech och bewosst sinn, wa mer lo wierklech deem helle Belag iwwert eng ganz grouss Längt zéien, da kritt een deem Effekt vum giele Belag net méi. Da fiert een zwee, dräi Kilometer op engem helle Belag, wou een net méi richtig den Effekt kritt, firwat iwwerhaapt en Ënnerschied tëscht engem schwaarze Belag an engem helle Belag do ass. Anengunge maache mer och an der 30er Zon. Do sinn der mol dräi virgesinn, déi punktuell op véier Meter ageengt gëtt, sou dass et schwéier ass oder quasi onméiglech ass, dass zwee Autoe laanschtenee kommen. Do muss ofgebremst gi fir een deem aneren duerchkommen ze loossen. A wa mer déi ganz Rue du Parc bis bei d'Pasteur sollte geneemegt kréien an 30er Zon, musse mer effektiv e puer baulech Moosnamen huelen. Well da musse mer och laut Recommandatiounen vun der staatlecher Verkéierskommissioun schaffen fir déi Anengungen ze maachen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech hunn nach eng kleng Réckfro: Waarde mer dann awer lo of, éier mer de giele Belag maachen? Net dass mer herno do 150.000.- Euro ausginn an et huet keen Effekt méi herno. Da wier et jo awer besser lo ofzawaarden.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech mengen do ass dat vläicht falsch verstane ginn, wat de Mica elo gesot huet. Mir maache lo déi Zon mam helle Belag, déi mer lo schonn accordéiert hunn. An do maache mer och elo déi Anengungen. Am nächste Gemengerot géife mer dann eng Deliberatioun stëmmen, wou mer nach nofroen fir et ze verlängeren. An da kucke mer ob et iwwerhaapt Sënn mécht. Mat den Erklärungen, wou de Mica lo ginn huet, sinn ech och éischer der Meenung, datt mer den Effekt ewechhuelen. Mee dat kënne mer jo dann nach eng Kéier kucken. Mee u sech, déi 150.000.- Euro, oder dee giele Belag do, déi sinn net verluer. Well dat géife mer souwisou maachen. Egal ob mer lo d'Zon 30 vum Ministère oder vun der staatlecher Verkéierskommissioun accordéiert kréien oder net, géife mer deem dote giele Belag maachen. Dat ännert eigentlech näischt drun.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Dierf ech just nach eppes zoufügen? Also den Accord vun engem giele Belag an Ännerung, dat ass eng Decisioun vun Iech hei heibannen. Do huet de Ministère net matzeschwätzen. D'Autonomie communale trëtt do a Kraaft, dass mer do kënne maache wat mer wëllen. Mir kéinten et theoretesch och eng aner Faarf maachen. Mee do gouf et viru Jore scho Polemik an enger anerer Gemeng hei am Süde mat faarwege Stroossen. An et gëtt ëmmer hei geschwat d'ganz Parkstrooss. Ech wëll awer elo betounen, mir mussen d'Parkstrooss an zwee deelen.

Eng Kéier dat Stéckche vum Jugendhaus bis bei d'Brasseurstrooss. A vun der Basseurstrooss aus bis bei d'Rue de la Forêt. Well déi hunn zwou verschidde Funktiounen. Dat eent ass eng Verbindungsstrooss wou d'Leit aus dem Quartier Wolkeschdall solle sou séier wéi méiglech op eng Staatsstrooss drainéiert ginn an dann nach déi Strooss laanscht d'Jugendhaus, d'Schwämm, d'Maison Relais an oppe Schwämm, wou dann och ganz vill Foussgängertrafic wäert sinn an och nach ass. Déi kënne mer net matenee vergläichen. Dofir, wa mir

d'Iwwerleeung maachen Tempo 30, da just bis bei d'Brasseurstrooss an net méi wäit.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer iwwert dësen Devis ofstëmmen. 150.000.- Euro. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot villmools Merci.

3.17. Approbatioun vum Devis remanié fir de Remplacement vum den Aerothermen a vum Heizungskollekter am Gebai G (Garage) vun de Gemengenatelieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass en Devis remanié fir d'Ersetze vun den Aerothermen an de Kollektier fir de Chauffage an eise Gemengenatelieren am Garage. Mir mussen en Devis remanié maachen. Mir gi vun 30.000 op 70.000, well mer och do den initiale Projet iwwerduecht hu wéi och eise Bureau d'études, deen eis och an ekologesche Froe beréit, den ECOS. Dat gesitt Der och an der Deliberatioun. Deen elo hei eng Propos mécht fir eng Solutioun, déi méi ekologesch ass a manner Energieverbrauch mat sech bréngt. Dofir hei och en Devis remanié vu 40.000.- Euro, fir dann op 70.000.- Euro ze kommen. Ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen?

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Entschëllegt, ech hu just eng kuerz Fro. Wann ech dat richteg gesinn hunn ass am Abrëll 2016 doriwwer geschwat ginn? An du ass et net gemaach ginn, oder hunn ech do eppes falsch gesinn? Den Devis vun 30.000.- Euro? Ech mengen et ass schonn am Abrëll 2016 dovun geschwat ginn a lo war dat awer sechs Joer nach gutt? Oder wéi? Oder hunn ech dat vläicht falsch gesinn? Mee ech hunn dat gesinn, wéi wann dat am Abrëll 2016 gestëmmt gi wär, déi 30.000.- a sou laang... Dat heescht, wa mer en Devis stëmmen, da ginn ech jo dovun aus dass et néideg ass. Wann et awer sechs Joer nach hält, froen ech mech, ob et lo wierklech néideg ass oder ob et net hält bis déi nei Ateliere fäerdeg si vläicht? Ech weess et net. Et ass just eng Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Neen, dat heiten ass jo eis Garage. Déi gehéiert elo net zum neien Atelier. De ganzen Amenagement vun den neien Ateliere, dat gëtt jo a Phase gemaach. Dat hei musse mer lo maachen. Dat hei huet och domat ze dinn... bon, bei deenen Diskussiounen waart Dir lo net dobäi, mir hate jo eng ganz Zäit eng Mataarbechterin déi ausgefall war, déi sech ëm déi heite Saache bekëmmert huet. Mir hu jo reegelméisseg am Gemengerot Devisen fir d'Haustechnik ze verbesseren. Dat ass drop zréckzeféieren, dass mer viru gutt zwee Joer e Mataarbechter agestellt hunn, bal schonn dräi, dee konsequent d'Haustechnik opschafft. Dofir si verschidden Dossier, ech wëll net soen „leie bliwwen“, mee konnten net sou schnell exekutiert gi wéi virgesinn. Dat si mer lo alles am Gaang nozekucken. Ass de Gemengerot mam Devis remanié averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

3.18. Approbatioun vun Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer bei Dekonten. Dat sinn der 5 Stéck. Deen éischten Dekont, dat ass bei der oppener Schwämm, d'Mise en conformité, déi éischt Phas, de kleng Ba-seng. Do war en Devis vu 567.000.- Euro, Depense effective 564.966,64.- Euro. Do hutt Der och nach eng Kéier d'Erklärung par rapport zum Dekont, dass mer och do nach e Marché sans mise en concurrence gemaach hu mat der Sociéité CDCL, déi jo och d'Aarbechten op der Plaz gemaach huet, well jo och do Fuitten detektéiert goufen. Mir hunn eis do am Kader beweegt vum Marché public. A vu dass si sur place waren hu mir hinnen dat ginn. Eng Ausschreiwung war hei net néideg. Dofir konnte se d'Fuite hei schnell behiewen, well se och op der Plaz waren. A spéitstens Enn Mee plange mer jo d'Ouverture vun der oppener Schwämm, wann och déi Phas 2 fäerdeg ass.

Dann d'Mise en conformité Piscine Strutzbiérg C. Dat war en Devis vu 25.000.- Euro. D'Depense 21.685,81.- Euro. Dat zu deem doten Dekont. Dat war virun allem an de Joren 2014 an och 2019. Do huet d'Piscine jo nach fonctionéiert. Dann den Dekont vum Boulodrome. Do hu mer den Daach frëschgemaach. Den Devis 50.000.- Euro, d'Depense 48.873,16.- Euro. Dann, am Gymnase vun der Gafelt, do hu mer an akustesche Plaf-fong. Do war den Devis 10.000.- Euro, d'Depense och 10.000.- Euro. Do hu mer och vum Sportsministère nach e Subsid kritt vun 2.500.- Euro. Beim Boulodrome hu mer och e Subsid kritt vum Sportsministère, dat ware 6.000.- Euro. Dann am Stade Meyer. E Büro dee mer amenagéiert hunn am fréiere Vestiaire. Do war den Devis 16.000.- Euro, d'Depense 13.798.- Euro. Dat sinn déi fënnef Devisen déi virleien.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci Här Buegermeeschter. Ech wollt nach explizitt Merci soe fir déi Nott déi beim Dekont vun der klenger Piscine ass. Dat ass awer ëmmer flott wann ee gesäit aus wéi enger Motivatioun wéi eng Decisioun geholl gi sinn. An ech ka mech och erënneren, dass mer deemools presentéiert kritt hunn, firwat mer den initialen Devis vun 296.000.- Euro am Fong hunn nach eng Kéier misse verduebelen, well mer do genau d'Explikatiounen kritt hu mat där Fuite. Dat hu mer explizitt begréisst. Ech hätt d'Fro och gestallt, wann d'Äntwert net lo scho komm wär, wéini dann d'Schwämm opgeet. Am Mee. Erlaabt mer awer trotzdeem eng kleng Remark ze maachen. Et war eng Kéier ugeduecht gi fir och eng Sonnecremes-tatioun an der Piscine ze installéieren. An aus verschid-den Ursache ware mer do ze spéit un. Dass een do vläicht nach eng Kéier kéint...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Si kënnt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ma da sinn ech frou, dat ass jo super. Well dat ass jo och eppes ganz Wichtige a vun der Fondation Cancer gëtt dat jo och promovéiert, dass een do e bëssen oppasst. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Si kënnt wéi gesot an d'oppe Schwämm. A wéi den Här Spina richteg gesot huet, kënnt eng zweet och nach op NeiSchmelz. Ass de Gemengerot hei mat dësen De-konten averstanen? **Dat ass dat unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann hu mer nach dee leschte Punkt wat d'Gemegefinanzen ugeet. Dat ass e Kredit, dee mer wëlle stëmme loosse vu 500.000.- Euro, also eng hallef Millioun, wat d'Prise en charge ugeet fir déi ukrainesch Flüchtlingen. Mir hu jo de Moment 10 Zëmmer gelount am Cottage. Viraussichtlech géif dat no deem Devis hei goe bis Ufank nächst Joer. Mir wëssen dass och vill aner Gemengen Hotellen ulounen, an et sinn de Moment Diskussiounen, wat d'Prise en charge vum Staat ass. De Moment wësse mer dass de Staat, respektiv den Ausseministère, respektiv den ONA, vill beschäftigt ass fir d'Dossieren ze traitéieren, fir de Statut vun der Protection temporaire kënnen ze ginn. Mir si jo och am Kontakt mam ONA. A fir einfach lo mol awer hei kënnen dem Cottage gerecht ze gi par rapport zu deenen 10 Zëmmeren, wou mer jo och Facturen ausgestallt kréien, dass mer iwwert deen heiten Devis mol déi Facturen en charge huelen, dass déi och bezuelt ginn. En attendant dass mer mam Staat, mam Ausseministère klären, wat Prise en charge vum Staat, respektiv vun der Regierung ka si par rapport zu deenen Depensen, déi mer hei hunn. Déi heiten Demarche sinn och aner Gemengen am Gaang ze maachen.

Mee et ass och lo einfach fir déi Depensé kënnen ze honoréiere vis-à-vis vum Hotel Cottage. Dofir hu mer deen Devis hei virleien, respektiv éischter dee Crédit ordinaire spécial, fir dat kënnen ze maachen. An da kucke mir als Gemeng och mam ONA dat ze händelen. Wat an deem Präis dran ass, dat ass engersäits d'Mise à disposition vum Zëmmer. Do ass dann och d'Frühstück dobäi an e Mëttegiessen an och d'Owesiessen dobäi. Dat sinn déi elementar Saachen, déi an dësem Präis hei mat dra sinn. Dofir wollt mir dat hei proposéieren. Soubal mir natierlech Kloerheet hu vun der staatlecher Prise en charge géife mer natierlech och de Gemeengerot informéieren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buegermeeschter. Dat hei schreift sech an an déi Resolutioun, déi mer de leschte Gemengerot geholl hunn an och an deenen Investier déi mer gemaach hu fir Organisatiounen, déi sur place agéieren, fir déi och finanziell ze ënnerstëtzen. An dat heiten ass eng Saach, déi musse mer einfach aus Solidaritéit mat dem ukrainesche Vollek huelen. Dir hat geschwat vun der Participatioun vum Staat. Ech mengen do si jo nach aner Froen, déi sech och opdrängen. Et ass elo gesot ginn, d'Prise en charge vun den Depensé vun de Gemengen. Ech mengen et ass just eng Iwwerleeung. Mee de Staat muss jo och kucken, wéi e Privatileit ënnerstëtzt, déi och Familien ophuelen.

Ech huelen un dass do eng Kéier e Schlëssel wäert kommen, wéi vill de Staat do bäileet. Well wann s de zu méi am Stot bass, wann s de eng Famill ophëls mat véier Leit, da brauchts de méi Waasser, da brauchts de

méi Stroum, du brauchts méi lesssaachen. Dat ass jo nach alles e bëssen an der Schwief. Dat hei war jo lo eng Noutsituatioun. De Krich dauert lo awer schonn e Mount an et sinn iwwer souvill Milliounen Leit, déi op der Flucht sinn. E puer hunn et och bis op Diddeleng geschafft an ech mengen dass mir alles maachen, fir dass déi Leit sech hei à l'aise spieren a gutt encadréiert ginn an och an engem mënschewierdegen Ambiente opgehall ginn. Dat ass nëmmen normal. An dee Schrëtt fir do am Hotel déi 10 Zëmmeren ze lounen, dat ass ee Schrëtt, dee mir allegueren hei wäerte begréissen an natierlech mir als CSV, wéi och all déi aner huelen ech mol un, matstëmmen. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo ech schlësse mech natierlech deene Wieder un. Ech wollt just nach froen, et war u mech eruedroe ginn, wann ee sech wëll als Benevole engagéieren, do hunn ech mol gesot, dat ass d'Croix-Rouge déi sech dorëm këmmert. Kann ee sech da bei der Croix-Rouge dee Moment mellen? Oder wat seet een deene Leit déi froen, ech géif gären eppes maachen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Croix-Rouge a Caritas. Bei deenen zwee kann ee sech mellen. Dee Message kann ee roueg weiderginn. Si si frou iwwert all Benevole, dee se kënnen kréien.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Jo ech wollt mech do uschlëssen. Mir hunn déi Motioun d'lescht Woch gestëmmt an natierlech sinn dann och d'Conclusiounen dovunner. D'Gemeng hat gesot, si stellt 18 Logementer zur Verfügung, dorënner och dës Zëmmeren am Cottage. Natierlech ass dat richteg, an déi Decisioun hu mir matgedroen an da stëmme mer natierlech och de Kredit mat. Mir denken och dass d'Gemeng wierklech an der Pflicht ass, ze hëllefen. An ech mengen do si mer eis allegueren eens. An eventuell och net bei deenen 18 Logementer stoen ze bleiwen. Sollt méi gebraucht gi muss mer vläicht nach zousätzlech Léisunge fannen, dat muss een dann dee Moment gesinn. Ech hunn dann awer nach eng kuerz Fro. Ech weess, ech hu se d'lescht Woch scho gestallt, zu deenen 8 Logementer, déi fräi sinn, déi mer dann awer am Kapp ronderëm ginn a wou och Leit mech drop ugeschwat hunn dobaussen. Wéi kann et sinn, dass mer 8 Logementer fräi hunn? Dat werft awer Froen op an d'lescht Woch war et och net ganz kloer. Et deet mer leed, wann ech nach eng Kéier nohaken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Madamm Erpelding, Dir kënnt Är Ausféierunge weiderféieren. Oder sidd Dir fäerdeg? OK. Nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Also par rapport zu de Benevollen, do wollt ech nach eng Kéier soen, dass ee sech do ka bei der Croix-Rouge respektiv bei der Caritas mellen. An ech mengen dass si och iwwert hir Reseau schonn eng Rei Appelle gemaach hunn. An ech kennen eng Rei Leit, déi do schonn aktiv sinn. Dann, wann hei d'Remark gemaach gëtt, och vun der Madamm Erpelding, dass d'Gemeng nach méi en Effort kéint maachen. Ech wëll just soen, säit 2016 hu mir eng Struktur hei fir 90 Flüchtlingen. Mir weisen also international Solidaritéit. Mir hunn elo 18 Wunnengsunitéiten, déi mer zur Verfügung stellen.



4. CONSULTATIV KOMMISSIONEN

Ännerung vun der Zesummestellung vu verschiddene consultativ Kommissiounen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer op Ännerungen an de consultative Kommissiounen. An der Ëmwelt- an Energiekommissioun, do gëtt den Här Conrardy ersat duerch den Här Gerend als Membre-expert. An der Sport- a Fräizäitkommissioun gëtt den Här Bovi ersat duerch den Här Paul Braquet als Membre citoyen. An der Kulturkommissioun gëtt d'Madamm Oliveira da Silva ersat vun der Madamm Bintener. An der Bautekommissioun gëtt den Här Waldbillig ersat duerch den Här Farneti. An der Jugendkommissioun gëtt den Här Schintgen ersat vum Här Barthelmy. An den Här Lemmer an den Här Steffen kommen an de Pool des remplaçants. Ass de Gemengerot mat deenen do Changementer averstanen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt just nofroen, bei der Commission des sports et des loisirs, do hu mer e Bierger dee remplacéiert gëtt. War do en Opruff gemaach gi fir dee Bierger? Wéi huet dee sech gemellt?

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo effektiv, do war en offiziellen Appell gemaach ginn an do haten dräi Kandidaten sech gemellt, dräi Diddelenger Männer an deem heite Fall. Déi hu mer dann och empfaangen, also de Sekretär vun der Sportskommissioun an ech selwer. Déi dräi ware ganz interessant, ganz engagéiert. Déi aner zwee sinn och schonn a Kommissiounen als Biergervertreieder an ënner anerem och dofir hu mer eis da fir den Här Braqué entscheet, well deen änlech gutt war wéi déi aner a selwer nach net hei zu Diddeleng an enger Kommissioun sëtzt. An dat huet am Fong den Ausschlag gi fir hei de Paul Braqué ze nominéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Ass de Gemengerot averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

Ech ginn dovun aus, dass deen doten Appell och gëllt fir déi 102 Gemengen. Ech fannen et ëmmer anmaassend, vu ville Säiten an och par rapport zu Äre Äusserungen, dass grad vun deene Gemengen, déi Efforte maache verlaangt gëtt, dass se nach méi Efforte maachen. Et gi Gemengen, déi NÄISCHT maachen. Näscht. A vun deene gëtt ni geschwat! Dat mécht mech rosen. Mir maachen hei alles, wat an eiser Méiglechkeet ass, fir Flüchtlingen ze empfänken, an et sinn anerere, déi drécken sech ëmmer derlaanscht. Dat awer dann zu der Remark. Ëmmer wann en Appell gemaach gëtt zur Solidaritéit, da gesäit een dass déi Solidaritéit bei enger ganze Rei Gemengen absolut guer net present ass an och déi misst een an d'Verpflichtung huelen.

Da par rapport zu den 8 Wunnengen. Ech hat d'lescht Woch am Gemengerot ganz kloer gesot, dass dat Wunnenge sinn, déi um Punkt si fäerdeggestallt ze ginn. Déi sinn also net disponibel. Ech hunn do geschwat vun der Rue du Commerce. Ech hu geschwat vun engem Lokal, wou mer am Quartier Italien hunn, wou mer temporär ëmdisponéieren. Dat sinn also net Logementer, déi lo direkt affektéiert kënne ginn, déi um Punkt sinn, ofgeschloss ze gi fir se da kënne zur Verfügung ze stellen. Also stëmmt et net, dass déi dote Wunnengen eidel sinn an net affektéiert ginn an elo un d'Flüchtlingen affektéiert ginn. Déi Wunnenge ginn elo réischt fäerdeg. Et ass e Concours de coïncidences, deen et mat sech bruecht huet, dass déi dote Wunnengen a knapps engem Mount fäerdeg sinn an dass ee se effektiv och kann zur Verfügung stellen.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Däerf ech ganz kuerz just eppes soen? Ech entschëllege mech dann. Wann dat sou kloer gesot gi war... Ech lauschteren ëmmer no. An ech lauschteren déi ganzen Zäit no. An ech sinn eleng hei. Dat ass einfach sou. An dann ass ee voll konzentréiert an da kann et scho mol sinn, dass eppes ënnergeet. Ënner anerem, et sinn der déi fräi ginn. Ech entschëllege mech dofir, wann ech dat net sou kloer matkritt hunn an huelen dat zur Kenntnis. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Soss nach weider Remarken? Neen, dat ass net de Fall. Da géif ech de Gemengerot froen, ob Der mat deem Crédit ordinaire spécial vun enger hallwer Millioun averstane sidd? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools Merci.

5. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An da gi mer bei d'Froen un de Schäfferot. An do ass eng Fro vun der CSV, vun der Madamm Kayser a punkto Parking residentiell an do ginn ech weider un d'Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Jo d'CSV-Fraktioun huet e Méindeg eng Partie Froen eraginn iwwert de Parking residentiell. D'Parkautomaten, d'Horo-dateuren also an och iwwert d'Beschëlderung. Hei sinn dann elo d'Informatiounen vun de respektive Servicer zu deene Froen: Wéi vill Haushalter hunn eng Vignette ugefrot? Stand vum 21. Mäerz, dat ass den Dag vun de Méinden, wou d'Froen erakomm sinn, hu 6513 Haushalter eng Vignette ugefrot. Wéivill Haushalter hunn eng zweet Vignette ugefrot? Och Stand leschte Méindeg. Do haten 2002 Haushalter eng zweet Vignette ugefrot. Ass nieft der Publikatioun am Bliedchen nach eng Kéier ugeduecht, Haushalter nach eemol individuell unzeschreiwen?

Dir wësst, déi Diddelenger Bierger, déi haten en Toutes-boîtes kritt, laang éier dat Ganzt ugaangen ass mat allen Detailer a fir dass se och mat Zäit sollten hir Vignette ufroen, dass se net géife moies erwächen am Oktober a keng Vignette hätten. Da gi se nieft dem Bliedchen, wou mer jo och regelméisseg drun erënneren, och nach iwwert déi aner Kanäl, déi mer zur Verfügung hunn iwwert de Parking residentiell informéiert, z.B. op Facebook. An dir fannt natierlech och ëmmer alles op eisem Internetsite vun der Gemeng. Wann do natierlech lo eng gréisser Demande do wär, fir nach eng Kéier en Toutes-boîtes ze maachen? Ech mengen awer datt entretemps och all Awunner matkritt huet, datt mer Parking residentiell agefouert hunn. A fir all Froen kenne se sech natierlech och gären telefonesch oder per Mail un déi responsabel Servicer an un eis Agenten vun der Circulatioun wenden, déi ëmmer weiderhëllef kënne. Et ass nach net sou laang hir, datt mer déi Publikatioun gemaach hunn, mee et schwätzt awer nâischt dergéint, fir no engem Joer oder e bësse méi, nach eng Kéier eng ze maachen.

Ass eng Verbesserung vun der Offer vum Parkraum um Terrain vun der Stad ze erkennen? Gouf et eng Bestandsopnam éier de Parking residentiell agefouert ginn ass, respektiv gouf eng rezent Vergläichszielung duerchgefouert? A verschidde Quartieren, virun allem hei am Zentrum, do konnt ee ganz gutt feststellen mam bloussen An, datt Parkplaze fir d'Awunner fräi gi sinn, wa se vun hirer Aarbecht kommen oder hiren Aktivitéiten noginn. An anere Quartieren natierlech, wou ni e Problem war mam Parken, ech nennen elo de Boujel, also eppes wat wäit eraus läit, do gëtt natierlech och haut kee Problem an do huet sech och nâischt verbessert oder verschlechtert. Et sief awer vläicht nach eng Kéier op dës Plaze widderholl: Wa mer deen dote Quartier, deen ech elo genannt hunn, net an de Parking residentiell mat erageholl hätten, dann hätte mer spëtstens elo déi Reklamatiounen kritt, dass d'Parkplazen duerch Friemer besat wäeren an den Awunner keng Parkplaz méi fënnt. Well dofir hu mer et jo op ganz Diddeleng aus-



gedeent, well eeben den Autofuerer gären eng gratis Parkplaz hätt a sech dann och net scheit, fir e bëssen zu Fouss ze goen.

Vläicht e klengt Beispill vu mir selwer, ech hunn et schonn e puer Mol ginn: Eis Reuniounen si jo praktesch ëmmer owes. Dofir, ech kommen ëmmer relativ spët heem, an ech krut praktesch ni, oder just duerch Zoufall eng Parkplaz bei mir an der Strooss. Ech kann lech versécheren, dass ech elo zu 95% wann ech owes heemkommen, eng kréien. An ech hunn och nach ni gesinn, dass sou vill Garagë ronderëm geraumt gi sinn, fir datt d'Leit hiren Auto kënnen drastellen, wéi an de leschte Méint. Da just als Randbemierkung, well Dir frot, ob d'Offer verbessert ginn ass. Also d'Offer ass an deem Sënn jo verbessert ginn, datt den Awunner vun Diddeleng dem Net-Awunner bevürzucht gëtt. Dat heescht datt mer d'Dauerparker lass gi sinn, well déi net méi kënnen ouni Käschtchen oder ouni Vignette hei parken.

D'Zuel vun de Parkplazen am ëffentlechen Raum, déi ass d'selwecht bliwwen. Do ass d'Offer an deem Sënn net verbessert ginn. Zou den Zielungen. Déi lescht Zielung am Zentrum, déi gouf 2019 gemaach. 2017 goufen Zielungen zu Tattebiérg, Gafelt, d'Halschent vum Brill, och nach eng Kéier am Zentrum, d'Stroosse Fleurs, Lentz, Edison an eis Park & Ridë gemaach, och Italien an d'Auguste Liesch-Strooss. 2018 hu mer de Wolkeschdall zu verschidde Auerzäite gekuckt an 2019 ass och de Relevé vun allen ëffentlechen Parkplaze gemaach ginn. Mir hunn och nach eng Kéier Récksprouch geholl mam Romain Molitor, eisem Verkéiersberoder.

Et huet eigentlech elo nach kee Wäert, déi Zielungen elo direkt ze maachen, well sech d'Leit nach net all ëmgestallt hunn oder besser gesot – ageallt hunn op de Parking residentiell. Mir hunn awer natierlech virgesinn, erëm eng Zielung vun de Parkplazen ze maachen, mee et muss een deem Ganzen awer eng gewëssen Zäit gi bis dat sech agespillt huet. Well mir hunn eréischt Mëtt Oktober ugefaangen. Dat heescht, dat si fënnf Méint, sou datt mir dat elo awer net elo direkt wäerte maachen. An ech mengen och, datt déi lescht Méint Corona d'Bild och nach verfälscht hätt, vun dohier hat dat lo net allze vill Wäert. Mir wäerten et natierlech, wann et opportuun ass, maachen.

Sinn eis Park & Ridë méi ausgelaascht? Jo, natierlech. Wann s de net bezuele muss do, da ginn natierlech vill Leit sech dohinner parken, well see eeben net méi kënnen riets a lénks d'Stroosse gratis zouparken.

Ass et eng Iddi datt d'Parke samschdes eebenfalls ganz gratis gëtt a ganz Diddeleng sou wéi sonndes? Dat hat ech mengen ech schonn eng Kéier hei gesot. Wann ech mech richtig erënneren, war et de Claude Martiny, deen dat eng Kéier zur Sprooch bruecht hat, ech sinn awer net méi ganz sécher. Aktuell ginn et keng Iwwerleeungen, de Parking och samschdes gratis ze maachen.

Wa mer dat maachen, da stinn erëm eng Kéier déi Leit do, déi hei zu Diddeleng schaffen oder mam Auto op Diddeleng kommen, fir dann hei de Bus ze huelen, fir iergendzwoesch anescht hin ze goen. Well och samschdes schaffen nach ganz vill Leit hei zu Diddeleng an och driwwer eraus. Da stinn déi rëm hei an dann hu mer jo eigentlech näischt geschafft. Well mir hätte jo eigentlech gär, datt samschdes déi Leit déi op Diddeleng komme fir e flotten Dag ze hunn, fir an d'Restaurants an an d'Geschäfte ze goen, fir ze flanéieren, datt déi och eng Parkplaz no bei deem fannen, wou se gären higinn. An Dir wësst och datt bei verschiddene gréissere Geleeënheeten, Braderien z.B., dat ass meeschtens samschdes, datt do och de Parking scho gratis ass.

A wann een dat kuckt, da gesäit ee ganz gutt, wou do geparkt gëtt, wann et gratis ass. Dofir passt mol vläicht bei der nächster Braderie eng Kéier op, da gesitt Der wéi et geet, wa mir et ëmmer gratis maachen. Mir sollen dat do och elo einfach mol e bësse lafe loossen, och e bëssen Erfahrungswärter sammeln an da kucken, wat iwwerhaupt nach méiglech ass. Et si knapps 5 Méint dass et leeft, a vläicht gesi mer d'nächst Joer ëm dës Zäit, dass een eppes drun ännere kann. Stëmmt et, datt keng Visiteursvignetté méi ausgestellt ginn? Wat ass d'Ursaach vun där Entscheidung? Also déi Ausso, déi stëmmt sou net.

Et ass esou, mir si just méi restriktiv gi well mer gemierkt hunn datt verschidde Leit probéiert hunn, Abus domat ze bedriewen. An zwar hu Residenten all Mount eng Visiteursvignette fir Kolleeginnen a Kolleegen probéiert unzefroen, déi hei zu Diddeleng schaffen, an déi eeben net beim Resident op längerem Besuch sinn oder wunnen. An dat war jo u sech den urspréngleche Grond vun där Visiteursvignette. Wat och sou am Reglement steet a wat op all deenen anere Plazen, déi och de Parking residentiell hunn, och de Fall ass. An och bei hinnen am Reglement iwwerall steet. Dat hate mer deemools och esou an deene respektive Gemengen nogefrot, an dat gëtt och sou bei hinne gehandhaabt wéi bei eis.

D'Vignette professionnelle. Wéi vill Vignetté goufen ugefrot an ausgestellt? Stand leschte Méindeg hunn 123 Entreprises eng professionnell Vignette ugefrot. 96 Vignetté si geneemegt a verdeelt ginn. Wisou den Ënnerschied tëscht der Demande an de verdeelte Vignetten? Ma well Eenzeler d'Konditiounen aus dem Reglement net erfëllen. Fir d'Konditiounen eng Kéier an Erënnerung ze ruffen: Dat si Professions médicalen, Dokteren, Infirmièren, Aide-soignanten, Kiné, déi vun der CNS unerkannt sinn an déi och Hausvisitte maachen. Dann och Entreprises, déi Montagen, Depannagen, Entretien an technesch Interventiounen maache bei engem Diddelenger Client. Dat kann z.B. e Schräiner sinn, en Elektriker oder en Installateur. Dann natierlech déi ëffentlech Verwaltungen: d'Gemeng, d'Ponts & Chaussées, d'CREOS,

Post, Eltrona, déi och Aarbechten am Domaine public oder e Service public maachen.

Wéi vill PVen, also Protokoller wéi de Volleksmond seet, sinn ausgestellt gi well de Parking residentiell net respektéiert ginn ass säit dem Ufank vun der Extensioun? Stand leschte Méindeg: 6387 sinn ausgestellt ginn. Dat sinn Zuele vu Mëtt Oktober un, also wou et ugaangen ass, bis leschte Méindeg.

Reklamatiounen vun Dauerparker, Camionnetten an Unhänger ouni Vignette kéimen der ëmmer méi an eis Agente kéimen do mat de Kontrollen net no, déi ze maachen. Wéi vill Protokoller wäeren hei ausgestellt ginn? Eis Agenten hunn do, Stand Méinden, 349 Protokoller ausgestellt fir Camionnetté wéinst Dauerparken. Déi Camionnetten, déi gi reegelméisseg moies, also virun 08:00 Auer an owes no 18:00 Auer duerch eis Agente kontrolléiert, dat 5 – 6 Mol pro Woch, moies an owes si se um Camionnettentour. Se kënnen natierlech net ëmmer zu all Moment iwwerall sinn.

Dat heescht et ass net nëmme Méindes bis Freides, mee do gëtt och alt mol samschdes, sonndes oder d'Feierdeeg kontrolléiert. An dowéinst ass och schonn een Deel vun deene Problemfäll verschwonnen. Wann lech awer lo sollt sou eng Camionnette opfalen, mell et einfach. Entweder bei eisen Agenten oder beim Pit Demuth, dee kennt Der jo. Mell et einfach bei deem per Mail oder per Telefon, dann huele sech eis Agenten och deem Problem direkt un. Sollt Der och feststellen, dass et Gefierer ginn, déi säit e puer Woche keng Beweegung gemaach hunn, da mussen déi bei der Police gemellt ginn an déi ginn dann och vun der Police kontrolléiert.

D'Unhänger hutt Dir opgezielt. Ma dat ass e bësse méi komplizéierte Fall, well de Code de la route et net virgesäit, datt ofgehaange Remorken iwwert d'Nuecht um Domaine public stinn. Déi missten also alleguerte protokolléiert ginn. Déi hunn awer keng Fënster. Da stellt sech de Problem, wat maache mer mat deem Protokoll? Mir kënnen dee jo néierens an d'Scheif hänken. Aus deem Grond ginn all déi Remorken, déi eis Agente gesinn, bei der Police gemellt. An d'Police, déi kucken dann iwwert d'Plackenummer un de Proprietär ze komme mat der Demande, datt se sollen hiren Unhänger réckelen an deen och op Privatterrain stellen.

Eng weider Fro: Et wär festgestallt ginn, dass d'Distanz zu de Parkautomate ganz ënnerschiddlech wär. An e puer Stroosse wäere se zimmlech wäit. Heiansdo misst een e puer Honnert Meter hin an zrëck goe fir en Ticket ze huelen. Eng Opstockung vun der Unzuel vun den Automaten ass geplangt. An der Stad Lëtzebuerg gouf festgehalen, dass d'Distanz zu de Parkautomate maximum 200 Meter soll bedroen. Wat gedenkt de Schäfferot ze ënnerhuelen? Gëtt et eng maximal Distanz tëschent den Apparater, déi festgehalen gouf? Gouf bei der Planung d'Noperschaft vun Dokter- a Kënspraxissen a Betruecht geholl?

An der Verkéierskommissioun vum 20. Januar ass de Plang gewise ginn, wou all déi nei Parkautomaten hinkommen, déi mer am Budget gestëmmt hunn. Dee Rapport, deen ass op de 7. Februar verschéckt ginn un d'Mem-

beren an och un de ganze Gemengerot, an et sinn och 2 Memberen vun Ärer Fraktioun jo an der Verkéierskommissioun. Déi waren och do. Dofir faassen ech mech hei vläicht e bësse méi kuerz. Mir hate Maximum 200 m am Wunnegebitt als Krittär geholl an am zentrale Beräich sinn et an der Reegel 100 m maximum. Soubal déi nei Horodateure geliwwert an opgestallt gi sinn, da gëtt et och hei zu Diddeleng keng Plaz méi, wou ee méi wéi 200 m bis bei den nächste Parkautomat muss goen. Ech hunn och nach eng Kéier nogefrot, wéi et mat de Parkautomaten ass. Si soten eis, se géifen am Fréijoer geliwwert ginn. Ech maachen awer drop opmierksam, datt do Chippen dra sinn. Ech mengen da brauch ech net méi wäit auszehuelen.

Chippe sinn ewell e bësse Mangelware, dofir ginn och Autoen net geliwwert. Sou datt mer awer hoffen, datt se der genuch hunn an datt se schnell eis Automate liwweren. Wann déi bis do sinn an opgestallt ginn, dann entspreche mer natierlech de Konditiounen, déi an der Stad Lëtzebuerg dann och sinn. Mir sinn dann och bei deene maximum 200 m. De Surplus dee mir awer hu par rapport zur Stad Lëtzebuerg oder zu deenen anere Gemengen, dat ass déi Applicatioun OPnGo, fir déi mer och permanent Reklamme maachen an déi och gutt ugeholl ginn ass. Domat spuert dir iech ganz vill Meteren. An dës App wëllen och aner Gemengen hei zu Lëtzebuerg aféieren. Dat alles kënnt Dir och nach eng Kéier am Rapport vun der Kommissioun noliesen. Et gouf an der Reunioun am Detail erkläert an diskutéiert an dat a Präsenz vun eisem Verkéiersberoder, dem Romain Molitor.

An de Planunge sinn d'Doktesch- an d'Kinéspraxissen net respektéiert ginn. Firwat? Ma déi kënne relativ séier wiesselen, dat heescht plënnere. An no Récksprouch mat deenen anere Gemenge gouf dat och néiers gemaach. Dat Eenzezt wat respektéiert gouf, dat ass d'Spidol an d'Altersheim.

D'Ueweise vum Parking residentiell wär dacks unbefriedegend. D'Schëlter wäeren net gutt ze gesinn oder verdeckt duerch Beem zum Beispill. Gëtt et eng Bestandsopnam an ass eng Verbesserung geplangt? Och dat hat ech scho beim Budget am Dezember gesot, datt nieft den neie Parkautomaten och weider Schëlter bestallt ginn, fir de Parking residentiell besser ze kennzeechen, och d'Parkautomate besser ze erkennen. An och versiche mer natierlech ëmmer d'Schëlter op Plazen ze stellen, wou se gutt siichtbar sinn. Sollten lech der lo opfale, déi duerch Beem oder Hecke verdeckt sinn, déi der Gemeng gehéieren, da mellst dat. Well déi ginn och regelméisseg geschnitten. Falls eng Kéier ee vergiess sollt gi sinn, da kënne mir dat maachen. Wann dat awer elo privat Beem oder privat Hecke sinn, dann ass dat Ganzt erëm e bësse méi schwéier, well do ee Proprietär ass a mir net op de Privatterrain kënne goen, deem seng Beem oder Hecke schneiden. Mee mir schreiwen de Proprietär awer un. Dat heescht, wann lech sou eppes opfält, eng kleng Foto maachen, beim Service Circulation eraschécken an da kucke mir entweeder fir un de Proprietär ze kommen oder, wann et eisen Terrain ass, eis Beem selwer ze schneiden.

D'Differenz tëschent der Zon A a B wär schwierereg. Eng zweefaarweg Beschëlderung, respektiv eng zweefaar-

weg Zeechnung op der Bordür an d'Uweisen direkt op de Parkautomat wär hëllefreich. Ass dëst machbar? D'Kennzeechnung vun den Zonen ass d'selwecht wéi och an anere Stied a Gemengen och, an d'lwergäng sinn och alleguer bezeechent. Et ass leider net méiglech, fir déi Sous-Titeren an enger anerer Faarf ze maachen, do dierf just wäiss benotzt ginn, well déi aner faarweg Schëlter, déi gi fir aner Saache benotzt. Ech soen elo zum Beispill den Typ an d'Nummer vun der Strooss, blo ass Autobunn, rout Nationalstrooss, giel e Chemin repris asw. dofir kënne mir déi eebe just wäiss maachen. Fir d'Situatioun awer an der Zon A, also A – Zentrum, ze vereinfachen hänkt op all Panneau, deen e Parkautomat uweist, och d'Zon dobäi. Fir datt een eebe gesäit, datt een elo an der Zon A am Zentrum ass. Ech mengen domat hätt ech d'Froen all beäntwert och mat den Informatiounen, déi ech vun de Servicer krut.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir déi ganz ausféierlech Explikatiounen. An deem Rapport vun der Verkéierskommissioun do war awer kee Plang dobäi. Dat misst nogeschéckt ginn. An dann hunn ech nach eng Zousazfro zu deene Besuchervignetten: Et ass gesot ginn et ass méi restriktiv, well abuséiert gëtt. Dat ass ëmmer sou, et mengen ëmmer Leit, si missten dann eng Extrawurscht kréien. Mee ech gesi lo de konkrete Fall vun enger Famill, wou d'Schwéiermamm reegelméisseg aus dem Ausland kënnt, an déi kruten dat elo eng Kéier verweigert. Kommen elo do nei Formulieren oder wat ass do virgesinn? Déi Leit waren dunn awer e bëssen embêtéiert. Wéi een dat dann awer kann handhaben, well et jo lo méi restriktiv gëtt, wéi gëtt dat dann definéiert? An da just eng ganz kleng Remark: Den OPnGO, dat ass eng supergutt Saach, och do ass et awer leider sou dass am Parkhaus den OPnGO ausgeschalt ass. Och dat vläicht just nach eng Kéier mathuelen. Am Duerf, dee geet momentan net.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ma dat vun OPnGO dat huele mer dann nach eng Kéier mat. Dat vun der Schwéiermamm. Bon, ech kennen dee konkrete Fall net. Vlächst schléift d'Schwéiermamm net do? D'Fra schléift vlächst am Hotel. Ech weess et net. Dee konkrete Fall misst een da kucken. Ech mengen dass d'Leit besser hu sech eng Kéier beim Pit Demuth ze mellen an da kann deen de ganze Fall eng Kéier nokuken an eis och erklären, wisou dat verweigert ginn ass. Heiansdo ass et och einfach e Mëssverständnis. Well d'Leit eppes falsch ausfüllen oder d'Leit falsch verstane ginn oder et ass e Sproocheproblem.

Ganz dacks kann et sou eppes sinn. Well se ass jo eigentlech geduecht – ech soe lo net fir d'Schwéiermamm – mee zum Beispill wann s de Besuch aus Portugal aus Italie kriss, oder wann däi Kand vun der Uni kënnt an et huet awer en Auto. Dofir ass se jo eigentlech geduecht. Ech wëll mech elo net zu deem dote Fall äusseren, well ech d'Detailer net kennen, mee se solle sech beim Pit mellen, an da kucke mer wat do lass ass. De Plang vun der Verkéierskommissioun, dee schécke mer dann nach eng Kéier no. Et ka sinn, datt deen ze grouss war. Dat weess ech elo net. Mee ech soen de Pit soll dat kucken an e kann och vlächst e Mail maache wou dat dran ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Villmools Merci. Da wäre mer lo zum Schluss vun eiser
Gemengerotssitzung ukomm. Ech soen Iech villmools
Merci an nach e schéine Freiden.

ALTERNATIVE MOART

PLAZ AM DUERF
SAM. 25.06. / 11H-18H



MARCHÉ ALTERNATIF PLACE AM DUERF

SAMEDI 25.06.2022 / 11H-18H

Ce marché privilégie le local, les commerces de niche, les artistes et les artisans, les modes de production inclusifs, les produits respectueux de l'homme et de l'environnement et les filières écologiques.

Accès:

- Bus TICE 4, 5, 8, 9 & RGTR 305
Arrêt *Niddeschgaass*
- Train : Arrêt *Dudelange-Ville*
- Vël'OK : Place de l'Hôtel de Ville
- Infos : www.mobiliteit.lu / www.velok.lu

ALTERNATIVER MARKT PLATZ AM DUERF

SAMSTAG 25.06.2022 / 11-18 UHR

Dieser Markt bevorzugt lokale Produkte, Nischengeschäfte, Künstler und Kunsthandwerker, integrative Herstellungsverfahren, Produkte, die den Menschen und die Umwelt respektieren sowie ökologische Branchen.

Anreise:

- Bus TICE 4, 5, 8, 9 & RGTR 305
Haltestelle *Niddeschgaass*
- Zug: Haltestelle *Dudelange-Ville*
- Vël'OK: Place de l'Hôtel de Ville
- Infos: www.mobiliteit.lu / www.velok.lu

*Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkollegium
Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister*

Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN



BP 73 L-3401 Dudelange
T 516121-1
ville@dudelange.lu
www.dudelange.lu
blog: www.ondiraitlesud.lu

SERVICE FÊTES
ET MANIFESTATIONS
T 516121-3430
fetes@dudelange.lu

PacteClimat
Ma commune s'engage pour le climat

Diddelenger KIERMES

24.06.-10.07.2022
PLACE FOHRMANN



Journée familiale / Familientag: 30.06.2022

Accès / Anreise:

Bus 8/9/10 – Arrêt/Haltestelle *Fohrmann* / Bus 4/5/8/9/10/305 – Arrêt/Haltestelle *Gemeng*
Train/Zug 60a – Arrêt/Haltestelle *Dudelange-Centre* / Vël'OK – Place de l'Hôtel de Ville
Infos: www.mobiliteit.lu / www.velok.lu

Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkollégium

Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister

Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffén

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



BP 73 L-3401 Dudelange
T 516121-1
ville@dudelange.lu
www.dudelange.lu
blog: www.ondiraitlesud.lu

SERVICE FÊTES
ET MANIFESTATIONS
T 516121-3430
fetes@dudelange.lu

